

- à insister auprès du Ministre de l'Intérieur comme instance de tutelle communale, afin que les engagements pris devant la Chambre des Députés en date du 11 juillet 2007 soit respectés.

(s.) Félix Braz, François Bausch, Camille Gira, Henri Kox, Viviane Loschetter.

» **M. le Président.**- Voilà, da komme mer zu der Diskussioun vun dem Projet de loi 5517. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval.

7. 5517 - Projet de loi portant réglementation de l'activité d'assistance parentale 5428 - Proposition de loi de M. Claude Meisch portant réglementation de l'activité d'assistant maternel

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet féiert eng Mindestregelung vun der Aktivitéit vun der Assistance parentale an, dat heescht vun Dageselteren - Männer oder Fraen -, déi Kanner doheem versuerge géint Bezuelung.

De Projet de loi 5517 ass vun der Familljeministesch Madame Marie-Josée Jacobs de 17. November 2005 hei an der Chamber déposéiert ginn. Et louch en Exposé des motifs an e Kommentar vun de jeeweilegen Articlekë bäi. Zu deem Zäitpunkt hat den honorabelen Här Claude Meisch schonn eng Gesetzespropositioun zum selwechten Thema déposéiert, an zwar de 4. Januar 2005. Aus där Ursach huet d'Familljekommissioun och beschloss, déi zwee Texter zesummen ze behandelen.

Op d'Proposition de loi vum Här Meisch ginn ech a mengen Ausféierungen net am Detail an. Dat wäert den Här Meisch sécherlech selwer maachen. Ech verweisen och op den Text vun der Gesetzespropositioun.

Den Här Meisch huet an der Familljekommissioun seng Berechtschaft signaliséiert, fir seng Gesetzespropos an deem definitiven Text vum neie Gesetz ze integréieren, ënnert der Konditioun, dass de gesetzleche Kader net iwwerméisseg schwéierfällg dierft ausfalen.

An der Réunioun vun der Familljekommissioun vum 23. Mee 2006 gouf ech als Rapportrice bestëmmt, an de Gesetzesprojet gouf de Membre vun där Kommissioun de 26. Juni virgestallt. Et koumen Avisen era vum Comité du travail féminin, vun der Privatbeamtekummer, vun der Kummer vun de Statsbeamten a vun der Aarbechterkummer. Déi Interesséiert bieden ech, an dësen zimlech detailléierten an ech a deelweis kriteschen Dokumenter nozeliesen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ervirzehiewen ass, dass de Comité du travail féminin säin Avis ofginn huet virum Dépôt vum Gesetzesprojet an esou largement déi generell Orientatioun vun der Virlag inspiéiert huet.

Insgesamt huet de Statsrot zwee Avisen ofginn, een de 24. Oktober 2006 an e kommentaren Avis den 3. Juli 2007, nodeems d'Familljekommissioun den 3. Mee eng ganz Rei Amendementer ugeholl hat. Dorop wäert ech nach spéider zrëckkommen. De schrëftleche Rapport gouf du schliesslech an der Sëtzung vum 25. September mat enger Enthaltung ugeholl.

Et ass derwäert, Dir Dammen an Dir Hären, fir e puer Wuert ze verléieren iwwert de Kontext, aus deem eraus de Gesetzesprojet entstanen ass. Dass Elteren hir Kanner anere Leit uvertrauen, gëtt et praktesch zënter éiweg. Oft war dat natierlech am Krees vun der eegener Famill, wat eng Groussfamill war, mä och friem Leit hunn d'Kanner betreit an erzunn.

Haut sinn déi meeschten Aarbechtsplazen ausserhalb vun de véier eegene Mauer an et ginn ëmmer méi Fraen op den Aar-

bechtsmaart. A ganz ville Famillje mussen d'Leit iwwregens zu zwee schaffe goen, esou dass d'Vereenbarkeet vu Famill a Beruff zu enger regelrechter Erausfuorderung ginn ass, besonnesch natierlech fir déi elengerzéind Familljen.

Jee no Familljemodelle a Grad vu Berufstätigkeet ginn also och méi Méiglechkeete vu Kannerbetreiuung ausserhalb vun der Famill gebraucht. Ëmsou méi wou vill Grousselteren hautdësdags net méi disponibel sinn, well se selwer schaffen oder hir eegen Eltere versueren.

An de vergaangene Jore goufen op dem Gebitt vun der Garde vun de Kanner grouss Effortë gemaach vun eiser Familljeministesch. Engersäits goufen net nëmme méi Strukture geschaf, wou d'Kanner kënnen betreit ginn, mä et sinn och politesch Moossname geholl ginn, wéi de Congé parental zum Beispill, fir Famill a Beruff ënner een Hutt ze kréien an zugläich d'Papperoll ze stäerken. Fir prezis Zuelen an Detailler heiriwwer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

D'Zuel vun de konventionéierten a private Crèche ass op jidde Fall regelméisseg gewuess an duerch déi zënter enger Zäit flächendeckend agefouert sougenannte Maisons relais goufen eleng bis Enn 2006 10.247 Plazen an 188 lokalen Antenne geschaf.

Trotz all deenen Efforten ass d'Nofro nach ëmmer méi héich wéi déi Plazen, déi zur Verfügung stinn. An et ass grad hei, wou d'Kannerbetreiuung doheem duerch Dageselteren enchainéiert, well se eent vun de Glidder aus där Kette vun de verschiddene Kannerbetreiuungsméiglechkeeten duerstellt.

Besonnesch d'Flexibilitéit vun dëser Optioun gëtt vun enger ganzer Rei Eltere geschätzt, zum Beispill am Fall vun onregelméisseg Aarbechtszäiten. Och déi familiär Ambiance an d'Presenz vun enger eenzeger Besuchspersoun fanne Gefalen.

Hei zu Lëtzebuerg gëtt et dräi Placementfamiliales-Service, déi agréiert respektiv konventionéiert sinn an déi nieft deenen e puer honnert Dagesmammen zousätzlech d'Missioun hunn, fir sech ëm Dag- an Nuechtplacementer, déi vum Jugendrichter a Fleegefamilljen ordonnéiert ginn, ze bekëmmern.

Mä d'Betreiuung vun de Kanner doheem huet sech op deene meeschte Plaze bis elo informell ofgewéckelt - gewëssermoossen op engem Schwaarzmaart. Dat heescht awer och ouni Garantië fir d'Kanner, déi betreit ginn, an ouni Garantië fir déi, déi d'Kanner betreien. Dohier de politesche Wëllen, fir d'Aktivitéit vun den Dageseltere bis zu engem gewëssene Minimum ze reglementéieren an e gesetzleche Kader op dësem Gebitt ze schafen, wat et a munchen europäesche Länner schonn zënter Längerem gëtt. Et ass dëst also e wichtege gesellschaftspolitesche Schrëtt.

Besonnesch d'Sécherheet vun de Kanner an d'Qualitéitsgarantie sinn d'Haaptargumenter, awer och d'Ofsécherung vun den Dageseltere selwer, zum Beispill wat hire Statut ubelaangt, mat allen Avantagé vun der sozialer Ofsécherung. Fir dass et awer net schwéierfällg a kontraproduktiv gëtt, gouf besonnesch op e flexibel gesetzleche Kader gehalen, deem net iwwerreglementéiert.

Zousätzlech kënnen op dës Manéier nei Aarbechtsplaze geschafe ginn, déi virun allem de Fraen erméiglechen, zrëck an de Beruff ze goen no enger Familljepaus.

Wéi gesinn déi gesetzlech Bestëmmunge fir d'Dageselteren dann elo aus?

Duerch dee virleiende Projet gëtt déi regelméisseg Betreiuung dagsiwwer oder Dag an Nuecht géint Bezuelung vu Kanner op Ufro vun hire Elteren hi reglementéiert. Dëst betrëfft ganz kloer net d'Garde innerhalb vun der Famill oder duerch Frënn. Och net, wann ee just heiansdo géint Bezuelung op eng Betreiuung zrëckgräift, wéi zum Beispill beim Babysitting.

Dageseltere kënnen wielen tëscht dem Statut vum Selbststännegen oder dem Ugestallten op der Basis vun engem Kontrakt, dee se mat enger Persoun oder enger Associatioun, déi op deem Gebitt tätég ass, kënnen ofschléissen.

Et kënnen bis zu fënnf Kanner mateneen opgeholl ginn, ouni déi eege Kanner, an dat entgéint dem Statsrot senger Propositioun, fir d'Kannerzuel op dräi ze limitéieren. Dëst, fir d'Famille nombreuse net ze benodeelegen oder fir d'Rentabilitéit vun deem Beruff net a Fro ze stellen.

Déi gebueden Dénchscheeschungen, ouni festzeleeën, wou se ausgeübt ginn, si folgend: den Accueil, d'Bekäschtegung, d'Iwwerwaachung, d'Animatioun, d'Haus-

aufgabebetreiuung, an och, wann d'Kanner krank sinn, kënnen se betreit ginn.

Déi heite Konditiounen musse vum Assistant parental erfëllt ginn: Et muss een en Agrément vun der Familljeministesch hunn, dee fënnf Joer laang gültig ass. Hei huet d'Kommissioun no längerer Diskussioun de Statsrot suivéiert, fir den obligatoreschen Agrément anzeféieren. Et muss ee seng Eierbarkeet kënnen nowiesen opgrond vun der juristescher Virgeschicht. Beim Ugestallte muss de Patron dëse Beweis och bréngen. A beim Selbststännegen géllt dat och fir all Leit, déi ënnert deemselwechten Daach liewen.

Et muss een eng Mindestqualifikatioun hunn, déi een entweder duerch eng initial Ausbildung am psychosozialen, pedagogeschen, sozioéducativen oder Gesondheitsberäich huet, oder awer déi neigeschaffen initial Formatioun vum Assistant parental virweise kënnen. Fir dës initial Formatioun koumen an den Amendementer nach 20 Stonne Stage derbäi.

Duerch d'Remarque am Statsrot sengem zweeten Avis, dass déi initial Formatioun net nëmme berufsbegleedend ugebuede gëtt, ass dëst och am Text adaptéiert ginn. Doriwwer eraus muss een duerno un enger Formation continue oder enger Supervisioun deelhuele während minimum 20 Stonnen d'Joer. Ausserdem muss ee sech an enger vun den dräi usuellé Sprooche vum Land ausdrécke kënnen. Och muss de potenzielle Kandidat sech formell engagéieren, d'Kannerechtskonventioun ze respektéieren, esou wéi d'Regierung dat virgesinn hat.

Da mussen d'Gebailchkeeten, wou d'Kanner betreit ginn, gewëssenen usuellé Mindestnormen entsprechen, wat d'Salubritéit an d'Sécherheet ugeet. Si mussen eng minimal Fläch vun 2 m² pro present Kand - déi eege Kanner abegraff - fir den Openthaltsraum oder/an den lessraum virweisen. Ausserdem muss de Kandidat nowiesen, dass hie bei der Sécurité sociale verséichert ass, an hie muss iwwer eng professionell Haftpflichtversicherung verfügen. D'Ministesch kann den Agrément verweigern, net méi verlängeren oder zrëckzéien, wann all dës Konditiounen net oder net méi erfëllt sinn. Een, deem ouni Agrément praktizéiert, riskéiert eng Strof vun tëschent 251 bis 10.000 Euro.

Da féiert d'Gesetz och déi nei initial Formatioun fir den Assistant parental an. Déi soll vum Familljeministère zesumme mam Educatiounsministère - méi prezis: dem Département vun der Berufsausbildung - organiséiert ginn. Si begräift op d'mannst 100 Stonne Coursen a Seminären an op d'mannst 20 Stonne Stage an engem agréierte sozioéducative Service. Deen ausgestallte Certificat erlaabt et duerno och an d'Formatioun vum Aide socio-familiale eranzekommen.

Wat seet de Statsrot zu dësem Gesetzesvorschlag?

Am Prinzip ass de Statsrot mat där net ze anengender Ausriichtung vum Gesetzesprojet d'accord. Hien huet a senger Analys, nieft dem Gesetzestext vun der Regierung, och d'Proposition de loi Meisch, den Avis vum Comité du travail féminin an den Avis vun der Privatbeamtechamber mat aflësse gelooss. Ier en op d'Analys Artikel pro Artikel ageet, kënn en op Kritären ze schwätzen, deenen, senger Meinung no, d'Aktivitéit vun der Assistance parentale misst gerecht ginn. Zum Beispill, dass se sech dättelech vun anere Kannerbetreiuungsforme misst ënnerscheeden, wéi dem Placement familial oder dem Babysitting. Hie gesäit och vir, dass vum Statut aus den Assistant parental entweder selbststänneg ass oder ugestallt bei enger Associatioun.

Deen neie gesetzleche Kader dierft awer net verhënnern, dass d'Eltere fräi wieren eng Familljenhëllef bei sech doheem anzustellen. Och mengt en, dass en obligatoreschen Agrément misst agefouert ginn, entgéint der initialer Regierungspropos. Déi Leit, déi Kanner bénévol oder als Ugestallte bei den Elteren doheem betreien, kéinten den Agrément ufroen, ouni dass en obligatoresch wier.

Weider plädéiert de Statsrot fir eng Gläichbehandlung vun den Elteren, déi hir Fraisen, déi duerch den Assistant parental entstinn, wëlle vun de Steieren ofsetzen, wéi déi, déi elo schonn d'Frais de garde vun der Crèche kënnen ofsetzen.

Och proposéiert de Statsrot fir d'Schafung vun Informatiounsboursen ze fördern, fir den Eltere wéi den Dageselteren d'Sich ze erliichten.

Hie proposéiert awer och eng nei Strukturatioun vum Gesetzestext, well deem heite Gesetzesprojet net dierf mam ASFT-Gesetz interférieren.

Doriwwer eraus betitelt en d'Dispositionne vum Gesetz nei, andeems en deels op de Gesetzesprojet 5517 an deels op d'Gesetzespropositioun 5428 zrëckgräift.

Déi héich Kierperschaft huet awer och an hirem éischten Avis zwou Oppositionsformen ausgesprach. Déi éischt, fir wann de Gesetzestext weiderhi géif virgesinn, fir déi steierlech Ofsetzung vun de Frais d'assistance parentale virzehuelen, andeems den initialen Artikel 10 vun deem heite Gesetz einfach de betreffende Règlement grand-ducal, deem d'Ausféierungsbestëmmunge vum Steiergesetz festleet, ëmännere géif. Dat géif der Hierarchie vun den Normen an dem Parallelismus vun de Formen net entsprechen. D'Familljekommissioun huet dee litigiéisen Artikel - initialen Artikel 10 - du fale gelooss. Si huet awer d'Suggestioun, fir den Artikel 137, zweeten Alinea vum modifizéierte Gesetz 1967 ëmzeänneren, net iwwerholl. Wann néideg, wier dat anere legislativen Initiativen iwwerlooss.

Déi zweet Opposition formelle kéim, wann d'Eierbarkeetskonditiounen, déi den Assistant parental géife betreffen, net och op all Familljememberen, déi mat him zesummeliewen, géifen ausgeweit ginn. En huet fonnt, dass de virgeluechten Text géint de Prinzip vun der Présomption d'innocence géif verstoussen. Hei huet d'Kommissioun de Statsrot suivéiert.

Am Artikel 4 huet d'Kommissioun dem Statsrot sengem Text deelweis Rechnung gedroen, besonnesch wat d'Iwwergangsbestëmmunge fir déi Dageselteren ugeet, déi et scho gëtt wann de Gesetzestext a Kraaft trëtt. Elo muss jiddereen agréiert ginn, deem déi Aktivitéit noweislech während mindestens dräi Joer ausgeübt huet. Dofir gouf eegens en neien Artikel 11 geschaf. Hei hat de Statsrot a sengem zweeten Avis mat enger Opposition formelle gedreet, wann d'Validatioun dem Arbiträr vum Familljeministère géif weiderhin iwwerlooss ginn.

Beim Artikel 7 iwwert d'sozial Ofsécherung an déi professionell Haftpflicht huet d'Kommissioun grosso modo déi vum Statsrot proposéiert Struktur zrëckbehalen, ass awer net op seng Propositioun agangenen, wat d'Adaptatioun vum Code vun den Assurances sociales ubelaangt. Dat soll wann néideg am Kader vun anere legislativen Initiativen geschéien.

Och ass déi héich Kierperschaft der Meinung, dass d'Schafen an d'Bedreiw vum enger Datebank vun den Assistants parentaux der Regierung iwwerlooss wier, ouni dass dat gesetzlech misst festgehalte sinn.

Net sënnvoll wär och am Gesetz festzehalen, dass e Modellkontrakt géif ausgeschafft ginn, fir d'Bezéiung tëschent den Eltere vum Kand an den Dageselteren ze regelen. Dat wier just eng administrativ Vereinfachung.

D'Aarbechte vun der parlamentarescher Kommissioun hunn dem Statsrot sengen Awänn gréisstendeels Rechnung gedroen, an et gouf och déi vun him proposéiert Textstruktur iwwerholl. D'Membre vun der Familljekommissioun hunn doriwwer eraus och nach eegen Amendementer zrëckbehalen. Et géif ze wäit féieren, op all dës Detailler anzegoen; déi kann ee gären a mengem schrëftleche Rapport noliessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach zum Schluss e puer Mercien auszedeelen: un éischter Stell un d'Mataarbechter vum Greffe an aus der Fraktioun, wéi och un d'Madame Familljeministesch an hir Beamten, gradesou wéi un d'Membre vun der Familljekommissioun fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht. An lech: Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président.**- Ech soen der Madame Andrich Merci. Als Nächsten huet elo d'Wuert den Auteur vun der Proposition de loi 5428, den honorabelen Här Claude Meisch.

» **M. Claude Meisch (DP), auteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'alleréischter der Madame Andrich-Duval ze félicitéieren fir hire schrëftleche wéi och mëndleche Rapport. Ech brauch duerfir virun allem op déi Aspekter, déi am Projet de loi proposéiert waren, hei net méi am Detail anzegoen.

Dir Dammen an Dir Hären, mir wëssen, dass de Besoin u Betreiuungsformen, Betreiuungsméiglechkeete fir Kanner zusehends gewuess ass déi lescht Joren, an datt mat deem, wat haut en place ass, obschonn d'Offerte jo och mat gewuess ass, mer dem Besoin nach laang net gerecht ginn.

Mir wëssen, datt mer haut eng nei Familljepolitik musse maachen, déi den neie Besoin vum de Famillje Rechnung dréit. Mir wëssen, datt virun allem ganz vill Famillje ganz konkret Problemer am Alldag begéien, wann et drëms geet fir Famill a Beruff

ënner een Hutt ze kréien. Mir wëssen, datt a ganz ville Familljen déi zwee Elterendeeler net nëmme wëllen, mä och heiansdo musse schaffe goen, fir deier Wunnpräisser hei am Land kënnen ze bezuelen. Mir wëssen, datt och d'Zuel vun de Monoparentauxen an d'Luucht gaangen ass am Laf vun deene leschte Joren, an déi Tendenz och nach unhält.

Dat alles féiert derzou, datt de Besoin u Betreuungsméiglechkeete fir Kanner an d'Luucht gaangen ass an och weider wäert an d'Luucht goen. Duerfir si jo eng ganz Rei vun ënnerschiddleche Modeller lues a lues entstane queesch uechtert d'Land, oft op Initiativen och vu Gemengen, mat staatlecher Ënnerstëtzung: Crèche; Foyer-de-jourë fir Kanner; Maisons relais, de leschte Modell, deen en place gesat ginn ass.

Elo stellt een awer fest, datt ganz vill vun deenen dote Modeller eigentlech net déi néideg Flexibilitéit bidden, fir op all Demande vun Elteren eng valabel Äntwert kënnen ze ginn. Dat doten, dat sinn oft schwéierfälleg Strukturen, wou fir d'alleréischte emol e grousst Gebai muss dohinner kommen, wou da Personal engagéiert gëtt, wou eng Organisationsstruktur definéiert gëtt, wou oft e Gestionnaire dann nach muss zesumme gebilt ginn, fir och kënnen déi juristesche Responsabilitéit an d'Direktioun vun esou enger Institutioun ze iwwerhuelen.

Do gëlle ganz kloer Regeln. Do muss ee sech am Virfeld aschreiwen. Do muss ee sech iwwer e ganz Joer oft aschreiwe fir fix Deeg oder fix Stonnen. Do ass et net esou, datt een emol eng Kéier ganz spontan kann op déi dote Servicer zrëckgräifen. Duerfir hunn ech gemengt, datt et wichteg wär, datt mer och aner Betreuungsméiglechkeeten en place setzen, déi op déi méi flexibel Demande vun den Elteren dann och eng ganz konkret Äntwert kënnen ginn.

Wa mer dem grousse Besoin u Betreuungsméiglechkeeten, dee besteet, wëllen nokommen, da kënnen mer net op déi bis elo éischter traditionell Betreuungsméiglechkeeten zrëckgräifen an déi just multiplizéieren. Mir brauchen och aner Betreuungsméiglechkeeten.

Do kann den Assistant parental eng ganz, ganz nätzlech Ergänzung sinn zu deem, wat mer haut hunn, zu deem, wat haut schonn existéiert. Well e méi Flexibilitéit bitt. Well dat jo awer och haut schonn zum Deel existéiert, mä net ëmmer zu deenen allerbeschte Konditiounen.

Als Buergermeeschter vun enger grousser Südgemeng erlieft een heiansdo Fäll oder et kritt ee rapportéiert, datt Kanner betreit ginn - doheem bei aneren Elteren - an et net ëmmer ënnert deenen Ëmstänn ass, wéi ee sech et da wierklech géif wënschen, wéi een et géif fir sënnvoll halen.

Am Extremfall hate mir eng Kéier e Fall, wou d'Elteren hir Kanner an d'Kantin op d'Gemeng geschéckt hunn, fir doheem kënnen fir aner Kanner ze kachen, well se do e bësse méi encaisséiert hunn, wéi d'Gemeng gefrot huet. Dat, hoffen ech, ass en Extremfall.

» **Une voix.** - Si soten, dass se se géifen op d'Gemeng siche kommen.

» **M. Claude Meisch (DP), auteur.** - Jo, ech weess net. Esou enk hu mer et net suivéiert. Mä dat weist awer, datt do villes existéiert huet, wat net eng qualitativ Betreuung war a wou et éischter just ëm d'Lukrativitéit gaangen ass.

Mir stellen awer och fest, datt ganz vill Leit bereet sinn, déi doten Aarbecht ze maachen als Dagesmamm oder Dagespapp. Virun allem ass et eng ganz konkret Berufschance fir Fraen, déi oft opgehalen hu mat schaffen duerch hir eege Kanner, déi se doheem erzunn hunn, wéi se aus dem Berufsliewen ausgescheet sinn, an dann no fënnef, no zéng, no 15 Joer awer heiansdo Schwierègekte begéinen, fir erëm an d'Berufswelt zrëck kënnen ze kommen, well d'Informatik weidergaangen ass, well hire Betrib sech geännert huet oder hir Branche sech komplett geännert huet, an eigentlech déi Aarbecht, déi se gewinnt waren ze maachen, esou vläicht vun deem Betrib respektiv vum Aarbechtsmarché insgesamt net méi gefrot gëtt.

Si hu sech awer ganz vill aner, ganz wäertvoll Kompetenzen ugëeegent während deene Joren, wou se hir eege Kanner erzunn hunn. Kompetenzen, déi se dann och an den Déngscht vun der Allgemengheet, vun hire Matbierger kënnen stellen.

Dat heescht, wa mer den Assistant parental wierklech wëllen encouragéieren, wa mer wëllen e legale Kader bidden, wat dann och meng Proposition de loi virgesinn huet, da schafe mer och eng ganz legal Aart a Weis wéi ganz besonnesch Fraen erëm kënnen zrëck an d'Berufsliewe fannen, sech e

séchert Akommes an och eng sozial Ofsecherung kënnen verschafen. Soumat kéint dat heiten - dat war op jidde Fall emol meng Hoffnung, an ech hoffen, datt dat sech herno finalement och duerchsetzt - eng wierklech Alternativ sinn zu deenen éischter däschteren, groe Betreuungsstrukturen, déi nach ëmmer doruechter existéieren, déi ee bis ewell leider net richteg an de Grëff konnt kréien.

Meng Intentioun, fir déi Proposition de loi ze maachen, war dann haaptsächlech, fir d'Leit ze encouragéieren, déi an deem doten Domän wëlle schaffen oder scho schaffen, eng Formatoun ze maachen, hir Raimlechkeeten och kontrolléieren ze loos-sen, an doduerch och den Elteren, déi hir Kanner iwwert deen dote Wee betreie loos-sen, eng gewësse Qualitéitsgarantie kënnen ze ginn. Duerfir och d'Iddi vun enger Vermëttlungsstell, wou Gemenge kënnen aktiv ginn, wou Associatiounen kënnen aktiv ginn, wou de Ministère vläicht selwer kann aktiv ginn, wou Leit, déi den Agrément hunn - well och bei mir war den Agrément virgesinn als Assistant parental; et gouf zwar deemools nach «Assistant maternel» genannt, mä et lichter mer am Nachhinein an, datt de Begrëff «Assistant parental» wierklech besser ass -, kënnen vermëttelt ginn.

Den Agrément wär dann de Qualitéitssigel gewiescht. Wann Eltere wëllen hir Kanner betreie loos-sen, hätte se all Intérêt gehat, fir och op esou eng Persoun zrëckzegräifen, wa se net iergendeng aner vläicht kannt hätten, wou se soen: Ma déi dote Persoun, déi huet dat bis elo scho gemaach. Oder: Ech hu Vertrauen an déi dote Persoun, well ech se kennen, oder well se bewisen huet, datt se déi Aarbecht do ganz, ganz gutt mécht.

De System, deen ech proposéiert hat an der Proposition de loi, geet deem, wat herno vun der Regierung am Projet de loi proposéiert ginn ass, a ganz villen Domänen net wäit aus de Féiss. Et war mir wichteg, datt mer e flexibele System fannen. Ech hu gemengt, datt, wa mer eppes Schwéieres maachen, wou d' Lourdeur administrative et eigentlech schonn esou komplizéiert mécht, fir selwer dann déi doten Aufgab ze iwwerhuele respektiv herno kënnen e Kontrakt mat engem Assistant parental ze maachen, mer dann ebe vun deem ganze Potenzial, dat an deem doten Domän awer stécht, net kéinte profitéieren.

Et war d'Promotioun vun der Qualitéit bei der Kannerbetreuung, déi och fir mech am Mëttelpunkt stoung. Et war d'Méiglechkeet eng besser Vermëttlung hinzekréien. Oft stellt ee fest, datt vläicht an enger Strooss Elteren e Besoin hunn, hir Kanner betreien ze loos-sen, an an därselwechter Strooss si Leit, déi op der Sich sinn no enger Aarbecht an déi déi Aarbecht do kéinte maachen. Also musse mer se beieneekréien, fir datt mer déi Besoinen do zefridde gestallt kréien.

Ech wollt awer gradesou weineg - an dat ënnerscheet e bëssen dat, wat ech an der Proposition de loi festgehalen hat, zu deem wat finalement dann elo aus dem Regierungstext ginn ass no der Aarbecht an der Kommissioun, nom Avis vum Conseil d'État -, datt eng ganz Rei vu Leit, déi dat dote bis elo gemaach hunn oder och an Zukunft nach wäerte maachen, an d'Illegalitéit gedréckt ginn. Duerfir hunn ech éischter optéiert - a meng Fraktioun ass mat op deen dote Wee gaangen -, fir deen Agrément ze proposéieren, mä fir en net obligatoresch ze maachen.

Well ech awer fäerten, datt mer do e Schratt ze wäit maachen, datt mer herno Leit hunn, déi déi Aarbecht do maachen, well se d'Confiance hu vun den Elteren, mä déi, well se awer da vläicht déi Formatoun net gemaach hunn, well se aus engem anere Grond den Agrément net kënnen kréien, risquéieren herno an d'Illegalitéit duerch dëst Gesetz gedréckt ze ginn, duerfir géif ech proposéieren, sech den obligatoreschen Agrément nach emol gutt ze iwwerleeën, well en awer kéint negativ Konsequenzen hunn.

Ech verstinn d'Intentioun, déi derhannert steet, wéi ech virdru gesot hunn. Et gëtt Fäll, déi eigentlech net tolerabel sinn, oder wou mer eis alleguerte géife wënschen, datt se net géife stattfannen. Mä iergendzwousch dertëschent fënnt een awer och Fäll, wou een herno muss soen: Musse mer dat dote wierklech per Gesetz verbidden? Wann zum Beispill eng Haushaltshëllef, déi éischter de Stot mécht am Haus, och emol heiansdo während e puer Stonnen an der Woch op d'Kanner oppasst, geet dat dann nach oui Agrément oder net? Dat si Froen, déi sech doduerch stellen.

Duerfir proposéieren ech am Numm vu menger Fraktioun en Amendement, deen den Artikel 2 dohigehend géif änneren, datt

mer kloerstellen, datt den Agrément eng fakultativ Dispositioun ass, mä net obligatoresch ass. Datt den Agrément dann de Qualitéitssigel ass, dee mer brauche fir déi dote Servicer, dee vun den Eltere mat Sécherheet och a ganz, ganz ville Fäll gefrot gëtt, deen och den Zougang zu där Vermëttlung iwwer Gemengen, iwwer Associatiounen, iwwert de Ministère ka féieren, mä deen awer géif évitéieren, datt mer herno all déi negativ Konsequenze missten erdroen. Virun allem déi Leit, déi an deem Domän do geschafft hunn oder wëlle schafen, wéi dat dann herno mam obligatoreschen Agrément de Fall wär.

Wann ech gelift, Här President.

Amendement 1

Projet de loi N°5517 portant réglementation de l'activité d'assistance parentale

L'article 2 est amendé comme suit:

~~Art.2.- Nul ne peut, à titre principal ou à titre accessoire, exercer l'activité d'assistant parental sans être titulaire d'un agrément délivré par le membre du Gouvernement ayant la Famille dans ses attributions, ci-après appelé le Ministre.~~

Le membre du Gouvernement ayant la Famille dans ses attributions, ci-après appelé le Ministre, peut attribuer un agrément non obligatoire aux personnes exerçant l'activité d'assistant parental.

Texte coordonné de l'article 2 dans sa nouvelle version:

Art. 2.- Le membre du Gouvernement ayant la Famille dans ses attributions, ci-après appelé le Ministre, peut attribuer un agrément non obligatoire aux personnes exerçant l'activité d'assistant parental.

Cet agrément est délivré aux seules personnes qui répondent aux conditions des articles 3, 4, 5, 6 et 7. Dans la mesure où les infrastructures dont question à l'article 6 ne permettent pas la prise en charge simultanée de cinq enfants, en dehors des enfants propres, l'agrément peut réduire ce nombre.

(s.) Claude Meisch, Anne Brasseur, Gast Gibéryen, Charles Goerens, Carlo Wagner.

Fir de Rescht iwwerschräide sech d'Proposition de loi an de Projet de loi zu ganz groussen Deeler. Ech mengen, d'Haaptintentioun war mat Sécherheet déiselwecht, fir op deen dote Wee ze goen. D'Potenzial, wat derhannert gesi ginn ass, huet der Regierung ageliicht, huet mir ageliicht, fir ze soen: Do läit nach e grousst Potenzial, wat momentan net ausgenotzt gëtt, u Betreuungsméiglechkeeten, un engem Emploi de proximité, dee ka geschaf gi vun esou enger Initiativ. Kommt, mer notzen déi doten!

Wat awer nach opfällt, dat ass, datt den Text vun der Regierung eigentlech vill méi wäit gaangen ass, en déi eenzel Dispositiounen vill méi am Detail schonn am Gesetz geregelt huet. Ech hat éischter dovunner ofgesinn an eng Rei vu Règlements grand-ducaux oder ee Règlement grand-ducal virgesinn, dat dann zum Beispill d'Formatioun oder den Agrément sollt regelen. Dat wär vläicht méi einfach gewiescht. Dat hätt herno och am Nachhinein méi Flexibilitéit mat sech bruecht. Wann iergendwann eng Kéier sech erausstellt, datt, amplatz déi 100 Stonne Basisformatioun, et der 80 oder 120 sollte sinn, dann hätt een net onbedéngt missen e Gesetzestext änneren, mä et hätt een dat iwwert de Wee vun enger Modifikatioun vun esou engem Règlement grand-ducal kënnen maachen. Mä dat si Froen, déi éischter technescher Natur sinn.

Wann ech d'Schlussfolgerung kann zéien, sinn ech frou, datt och eng Proposition de loi, déi ech initiéiert hunn, hei mat deem Gesetz awer zu eppes gefouert huet, datt d'Regierung mat op deen dote Wee geet, fir de Statut vun den Dageselteren ze reglementéieren.

Mir géife manner wäit goen, wéi gesot. Duerfir nach eng Kéier en Opruff: Kommt, mir iwwerleeën eis et nach eng Kéier, ob mer deen Agrément do wierklech obligatoresch maachen, ob dat muss sinn, ob mer net aneschtens kënnen mat enger Proposition den Elteren an de Leit hëllefen, déi an deem Domän schaffen, amplatz den Agrément ze maachen, ob mer do net datselwecht kéinten erreechen a Problemer kéinten évitéieren.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Meisch Merci. Als éischt Riednerin ass d'Madame Andrich agedroen. Madame Andrich, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierungserklärung vun der jëtzege Majoritéit gesäit ënner anerem Folgendes vir - ech zitéieren: «Les partenaires entendent créer un statut pour les assistants éducatifs à domicile et de mettre en œuvre une formation d'assistant éducatif à domicile.» Dat ass, wat haut geschitt duerch d'Stëmme vum Projet de loi 5517.

Als CSV-Fraktioun begrëisse mer dës Gesetzesinitiativ an et kann een d'Familljeministesch nëmmen heifir félicitéieren. Besonnesch frou sinn ech perséinlech iwwert dëse wichtege gesellschaftspolitesche Schrëtt, well ech am Ufank vu menge Beruffsjoren Ufank den 80er Jore grad am Beräich vun der Dagesmammverméttlung tätég war. Schonn deemools war et en Uleies fir d'Dagesmammen, dass se sollten e Statut kréien, mä d'Zäit war nach net räif. Op jidde Fall kann eng Definitioun vun der Aktivitéit vun den Dageselteren nëmme Virdeeler fir all Betraffe bréngen.

Ouni onnëtz Widderhuelungen aus dem Rapport vu virdru wëllen ze maachen, ginn ech awer gären op verschidden Aspekter an. Dagesmamme fënnt een hautdësdays net méi esou liicht. Eng vun den Ursachen ass sécherlech d'Beruffstätégkeet vu ville Fraen auswäerts vun doheem. An der Regel si bis elo meeschtens Fraen dësem Job no-gaangen, dee sécherlech keen Dramberuff ass, well en en niddreg Gehalt an eng schlecht sozial Ofsécherung bitt. Et gëtt och leider alize oft als mannerwäerteg Aarbecht agestuut.

Bei den aktuellen, mam Familljeministère konventionéierte Servicer ass just eng Pensiounsversécherung virgesinn. Fir Krankekeess an aner Versécherungen ass d'Fra bei hirem Mann verséichert oder si muss selwer dofir suergen. Dat féiert awer dozou, dass déi Persounen, déi dës Aktivitéit aus-geübt hunn, riskéieren eng niddreg Pensioun ze bezéien oder souguer an d'Aarmut ofzerëtschen.

Et ass eng Aktivitéit, déi meeschtens als Schwaarzaarbecht ausgeféiert gëtt an duerfir am Moment och keng Qualitéitsgarantien huet. Et gëtt ëmmer nees Fäll, wou zum Beispill zéng Kanner an engem Appartement zesummegefercht sinn; Fäll, wou Kanner stonnelaang virum Fernseh hänken; Fäll; wou d'Ernährung ze wënschen iwwreg léisst a wou sech mat Fastfood oder eesäitege Liewensmëttel wéi Cola, Fritten an Chips iwwert d'Ronne gehollef gëtt.

Laut enger Etüd vum CEPS aus dem Joer 2003 gouf festgestallt, dass beruffstätég Elteren a 24% vun de Fäll op d'Hëllef vun enger Dagesmamm respektiv vun Dageselteren zrëckgräifen. Am beléifsten ass awer nach ëmmer, fir d'Kanner bei d'Grousselteren ze ginn. Vun de Crèche an Foyers de jour maachen da 26% vun den Eltere Gebrauch, a schliesslech ginn a 7% vun de Fäll d'Kanner vun enger Ugestallten am Stot oder vun engem Au-pair-Meedche betreit.

Wann also praktesch en Drëtel vun den Elteren op Dageselteren als Mode de garde zrëckgräifen, ass et un der Politik, hir Verantwortung iwwert hire Choix, awer de Choix gëtt hinne méi liicht gemaach duerch deen obligatoreschen Agrément, dee fir d'Dageselteren agefouert gëtt.

D'Roll vum Stat ass et hei, subsidiaresch ze intervenéieren, also esou vill wéi néideg an esou mann wéi méiglech. D'Eltere behalen d'Verantwortung iwwert hire Choix, awer de Choix gëtt hinne méi liicht gemaach duerch deen obligatoreschen Agrément, dee fir d'Dageselteren agefouert gëtt.

D'Familljekommissioun huet effektiv laang iwwert d'Néidegkeet vun engem obligatoreschen Agrément diskutéiert, mä et huet sech e breede Konsens fonnt bei de Membere wéi och bei deene verschiddenen Avisen, fir op dëse Wee ze goen, och wann dat fir déi betraffe Verwaltung méi e groussen Aarbechtsofpand duerstellt. Deem muss dann ebe bei de Personalopstockunge Rechnung gedroe ginn.

D'Elteren hunn awer heimat d'Garantie, dass en Hausbesuch stattfonnt huet, wou d'Gréisst vun der Wunneng gradesou wéi hir Propretéit an d'Sécherheet kontrolléiert goufen. Och stellt sech an esou engem Ge-

spréich eraus, wat fir eng Sproochkenntnisser déi Betreffen hunn, an et schiele sech déi néideg perséinlech Kompetenze par rapport zu de Kanner an zu den Erwuesse- nen eraus, déi ee fir esou en Job brauch, wéi zum Beispill e gudde Kontakt kënnen opbauen oder iwwer gewësse pedago- gesch Qualitéiten ze verfügen.

Dageselteren hunn oft eng laangjähreg Er- fahrung um Gebitt vun der Kannererzéiung duerch d'Erzéiung vun hiren eegene Kanner an déi aldeeglech Gestiou vun hirer - kann ee bal soen - klenger Familljenentreprise. Duerfir besteet och d'Méiglechkeet fir déi Leit, déi schonn elo méi laang wéi dräi Joer Kanner versuergt hunn, als Assistant paren- tal unzërkennen, ouni schwéierfällg admi- nistrativ Formalitéiten.

Da gëtt jo och en Dossier ugeluecht, wou d'Dokumenter ze fanne sinn iwwert d'Eier- barkeet vu sämtleche Persounen aus deem Stot oder vum Patron, och iwwert d'Mindest- qualifikatioun respektiv déi nei agefouert Formatioun souwéi iwwert de formellen Engagement, fir d'Kannerrechtskonventioun ze respektéieren.

Doriwwer eraus leien och d'Ënnerlagen iw- wert d'Affiliatioun vun der Sécurité sociale an iwwert d'professionell Haftpflicht derbäi, egal ob déi Persoun elo selbststänneg ass oder bei enger Persoun oder Associatioun ugestallt ass.

Weider kann zousätzlech eng vun offizieller Säit gefouert Lëscht vun den Dageselteren den Eltere bei der Sich no enger fiabler Persoun hëllefen, oder Austauschbörsen dozou bäidroen, fir den Dageseltere Clienté weiderzeverméttelen, wéi och et méiglech ze maachen, Dageselteren ze fannen.

Déi aner Rechter a Flichte sollen d'Elteren an engem Kontrakt, deen als Modell vum Familljeministère wäert erstallt ginn, fest- leeën. Mä et ass gewosst, dass villes op der Beziungsbasis hei leeft. Et muss zu enger echter Kooperatioun kommen, déi op géige- sätteger Akzeptanz a Vertraue baséiert. Et ass wichteg, vun Ufank u gutt Konditiounen fir dës Zesummenaarbecht ze schafen, och keng ze héich Erwaardungen ze hunn, an et muss gewosst sinn, wat d'Dageseltere kënnen oder net kënnen maachen a wéi se hiren Alldag organiséieren.

D'Eltere müssen e Sécherheetsgefill kréien an d'Méiglechkeet hunn, hir Besoinen aus- zedrécken. Hei ass e regelméisseg Aus- tausch iwwert de geliefte Alldag vum Kand ganz wichteg.

Op där anerer Säit müssen d'Elteren awer och d'Organisatioun vun den Dageseltere respektéieren a sech zum Beispill un déi of- gemaachten Horairen halen. Oder si musse léieren, och déi eege Kanner vun der Dageselterefamill ze akzeptéieren.

Déi nei initial Ausbildung, déi ënnert der Responsabilitéit vum Familljeministère ze- summe mat dem Departement vun der For- mation professionnelle organiséiert gëtt, ass also net vu Muttwëll, gradesou wéi déi vir- geschriwwe Supervisioun oder Weider- bildung herno. Dass déi initial Sonnenzuel vun 100 op 120 gehuewe gouf, kann een nëmme begrëssen, well doduerch et méig- lech gemaach gouf, e praktesche Stage um Terrain ze maachen.

Et kann ee sech virstellen, dass dës Forma- tiounen och zesumme mat anere Partner wéi de Gemengen oder den Associatiounen kënnen ausgefouert ginn. Et gëtt nämlech scho verschidden Initiativen op deem Gebitt hei zu Lëtzebuerg, déi vum Educa- tiounsministère respektiv vum Aarbechts- amt ënnerstëtzt ginn, wéi zum Beispill déi vun de Services à la condition féminine vun der Gemeng Beetebuerg, déi vun der Ge- meng Biekerech, déi vum Genderhaus zu Réiden fir déi ganz Regioun, oder méi re- zent déi vun der Gemeng Jonglënster.

Dës Initiative versti sech gréisstendeels als Reintegratiounsmoosssname fir déi Fraen an d'Beruffswelt. Esou kënnen si, wa ge- wëncht, och während enger eventueller Familljepaus e Beruff doheem ausüben. Op déi Manéier erméiglechen also berufstätég Fraen anere Fraen engem Beruff nozegoen.

Och léisst de Certificat vun der Formatioun vum Assistant parental den Accès zou zu der Formatioun vum Aide socio-familial, wat eng supplementar Chance duerstelt, fir um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen.

Vill Fraen zéien et vir, zrëck an de Beruff ze goen als Garantie fir hir spéider Ofséche- rung am Fall vun enger Scheedung. Doriw- wer eraus gesäit déi europäesch Strategie vu Lissabon vir, dass de weibliche Be- schäftegungstaux 60% am Joer 2010 soll erreecht hunn. De Moment leie mer hei zu Lëtzebuerg bei 54,5%. E Stéck komme mer deem awer méi no duerch deen heite Ge- setzesprojet, well wat bis elo Schwaarzaar- becht war, gëtt zu engem neie reglemen- téierten, legalen Aarbechtsfeld mat enger grousser Flexibilitéit. Mir wëllen awer hoffen, dass sech och elo Härren ugesprach fillen, fir dës Aktivitéit auszeüben.

(Interruption)

Dir Dammen an Dir Härren, am Kader vun der Vereenbarkeet vu Famill a Beruff stellt de Projet de loi also e wichtige Bausteen duer innerhal vun deene verschiddene Kannerbetrieungsméiglechkeeten. Et ass e weidere Schrëtt an d'Richtung, dass all Famill hire Choix ka maachen, wéi se hirt Familljeliewen an Aklang mam Beruffsliewe wëllt organiséieren. Ëfters ass et och kee Choix, well a ville Famillje musse se zu zwee schaffe goen, vun deenen ëmmer méi zahl- reichen Elengerzéiende guer net ze schwät- zen.

Um heitegen Aarbechtsmaart gëtt virun allem méi Flexibilitéit gefuerdert. Beson- nesch wat d'Aarbechtszäiten ubelaangt, kënnen d'Dageselteren eng ideal Betrieungs- alternativ duerstellen, eng sougenannte Léisung op Mooss, esou bei Schichtaar- becht oder wann de Weekend muss ge- schafft ginn. Déi familljenähnlech Ambiance bei den Dageselteren ass e weideren Avan- tage a wierkt sech besonnesch positiv op kleng Kanner aus.

Jiddferreen huet awer eng aner Virstellung, wat fir eng Betrieungsméiglechkeet déi beschit fir säi Kand ass. Fir déi eng kann et déi ganz oder deelweis Presenz vun der Mamm doheem sinn, fir déi aner sinn et d'Grousselteren, fir nach anerer sinn et déi kollektiv Betrieungsstrukturen. Ënnerschidd- lech Eltere stinn ebe fir ënnerschiddlech Be- trieungsmodeller. Fir bal een Drëttel oder an Zukunft vläicht nach méi sinn dëst also d'Dageselteren. All dës Méiglechkeete si komplementar zueneen an et huet kee Wäert, déi verschidden Optiounen a Kon- kurrenz mateneen ze setzen, well all Solu- tioun huet hiren eegene Wäert. Op jidde Fall soll et déi beschtméiglech Léisung fir d'Kand sinn.

Trotz deene groussen Efforten, déi während de leschte Jore vun der Familljeministes- ch am Beräich vun de Modes de garde d'enfants gemaach goufen, besteet nach e grouse Besoin u Kannerbetrieungsméig- lechkeeten. Bei der Virstellung vum Budget 2008 konnt een héieren, dass de Budget fir d'Kanner ëm 12% klëmmt, dass eleng d'nächst Joer 100 nei Crècheplaze geschaf ginn, fir op e Gesamttotal vu ronn 1.600 Pla- zen dann ze kommen. Fir d'Maisons relais solle 44 Milliounen Euro investéiert ginn. Dat Ganzt schaaft en Total vun 2.500 supple- mentare Betrieungsplazen am Laf vum nächste Joer.

Et besteet also de politesche Wëllen, fir dësen Ausbau konsequent weiderzrei- wen, well en engem Besoin vun eiser heite- ger Gesellschaft entsprécht. Dat virleied Gesetz ass eng zousätzlech begréis- senswäert gesetzlech geregelt Betrieungs- méiglechkeet fir Kanner, an ech ginn heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun, fir de Projet ze stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Andrich Merci. Als nächst Riedne- rin ass d'Madame Dall'Agnol agedroen. Madame Dall'Agnol, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).** - Merci, Här President. Madame Minister, Dir Dammen an Dir Härren, léif Kolleeginnen a Kollegeen, mir freeën eis als Sozialisten, dass no laangen Diskussiounen an de Ge- meng, Fraenassociatiounen, och an der Press an iwwerall do, wou interesséiert Leit sëtzen, haut dës Statut fir Dageselteren endlech soll geschaf ginn.

Et ass e wichtige Schratt fir d'Elteren, fir d'Kanner an natierlech och fir déi Leit, déi als Dageseltere wäerte schaffen oder scho schaffen, an dat si bis elo op alle Fall nach bal nëmme Fraen.

Dageseltere sinn, wann et ëm den Accueil vun de Kanner geet, an dat ass scho gesot ginn, als complémentaire Offer ze gesinn zu de Crèchen an och aneren institutional- séierte Structures d'accueil.

Den Accueil bei den Dageselteren oder, wéi ech jo schonns sot, éischer bei Dages- mammen ass jo méi e familiäre Kader. Et ass méi kleng, méi heemlech, jee, ebe méi

wéi bei engem selwer doheem, an dat ass menger Meenung no grad bei méi klenge Kanner och wichteg.

En ass och méi flexibel, an dat ass grad fir Elteren, vun deenen an hirem deegleche Beruffsliewe jo och ëmmer méi Flexibilitéit verlaangt gëtt, extrem wichteg. Ech si mer och duerchaus bewosst, dass grad dee klen- gen, dee perséinleche Kader an d'Flexibili- téit dee grouse Virdeel vun der Betrieung bei Dageselteren duerstellen. An ech si mer och bewosst, dass et eigentlech dofir guer kee Sënn gemaach hätt, fir ähnlech strikt Oploen a Konditiounen fir Dageselteren ze schafen, wéi dat fir Crèchen oder ebe soss Structures d'accueil de Fall ass.

Mä ech sinn awer schonn der Meenung, dass een hätt kënnen e klengt Stéck méi wäit goen, wéi just nëmmen déi Conditions mini- males ze fixéieren, vun deenen am Exposé des motifs Rieds geet. Dat wäert menger Meenung no de Kanner, hiren Elteren an awer och deene Leit, den Dageselteren, déi sollen déi Kanner betreien, zegutt kommen.

Och wa mer am Sënn vun der Chancë- gläichheet hei jo ëmmer vun Dageseltere schwätzen, esou maache mer eis dach näischt vir: Och an Zukunft wäert déi doten Aarbecht haaptsächlech vu Frae gemaach ginn. Fraen, déi selwer kleng oder och méi grouss Kanner hunn, déi müssen oder wëllen doheem bleiwen, mä déi awer der- nieft nach wëllen e puer Sou verdéngen oder musse verdéngen. An ech soe ganz provokativ „e puer Sou“, well liewe kann hautdësdags ganz sécher kee vun där doter Tätigkeet. Dat ass a mengen Aen net akzeptabel, souguer wann Dagesmamm just soll en Iwwergangsberuff sinn, esou wéi den CTF, de Conseil du travail féminin dat formuléiert.

De Projet de loi soll jo och bestehend Situa- tiounen regulariséieren, dass heescht, deene Fraen, déi bis elo schwaarz geschafft hunn, eben d'Méiglechkeet ginn, sech ofzeséche- ren, an dat ass e weidere Punkt firwat dëse Projet, trotz menge Kritiken, ee Schratt an déi richteg Richtung ass a firwat mir Sozia- listen en och wäerte stëmmen.

Dobäi muss ech awer betounen, dass virun allem d'Proposé vum Conseil d'Etat extrem wichteg waren an dass mer frou sinn, dass déi zum Deel weinstens iwwerholl goufen.

Dofir hu mer elo am Projet de loi eng Obliga- tioun, fir en Agrément unzefroen, an net nëmme méi just d'Méiglechkeet, fir dat ze maachen, déi an eisen Aen och net ganz vill Verbesserungen an der Realitéit bruecht hätt. Mir sinn also fundamental anerer Mee- nung wéi de Virriedner vun der DP an och Auteur vun der Proposition de loi.

Mir bleiwen och der Meenung, dass, wann ee wëllt - an dat gëllt net nëmme fir dëse Be- ruff, mä fir all Beruffsfelder - motivéiert a qualifizéiert Personal kréien, een da weins- tens muss en dezente Verdéngscht kënnen garantéieren an natierlech och eng uerdent- lech sozial Ofsécherung, an ech schwätzen hei vu Krankekeess, Congé, etc.

Ech perséinlech kéint mer och virstellen, ge- nau wéi bei de Crèchen hei e Barème virze- gesinn, nodeem d'Eltere missten hirem Ver- déngscht no bezuelen, an dass de Minis- tère an d'Gemengen all Kéiers zur Hal- schent de Rescht géife bäisteieren. Dat hätt och de Virdeel, dass d'öffentlech Hand hei eng wierklech Kontrollméiglechkeet hätt a kéint d'Qualitéit vun dëse Structures d'accueil garantéieren. Esou Modeller gëtt et iwwregens a Frankräich, mä och an de verschiddene skandinavesche Länner.

Ëmmerhin - an d'Aarbechterkummer huet et och gesot - musse vill Familljen, ob se wël- len oder net, op Dageselteren zrëckgräifen, weinst dem Manktum u Flexibilitéit vu beste- henden Opfangstrukturen, oder och ganz einfach well den Thema Crèchen a Struc- tures d'accueil hei zu Lëtzebuerg, mä leider net nëmmen hei, bis virun e puer Joer eigentlech guer keen Thema war an dofir de Stat an och nach ganz vill Gemengen ëmmer nach Nohuelbedarf hu bei der Krea- tioun vun esou Plazen, zum Beispill a Foyers de jour.

D'Qualitéit vun der Versuergung muss awer och garantéiert sinn. An do deele mir Sozia- listen nach ëmmer net d'Meenung vun eiem Premier, dee virun enger Rei Jore gemengt huet, eng Mamm, déi hir Kanner gezillt hätt, wär genuch qualifizéiert fir och aner Kanner ze erzéien. Wann et esou ein- fach wär, da bräichte mer jo déi ganz Crè- chen an Éducateuren an Éducatricen net méi.

Datt se Kanner kënnen, ënner Gänseféis- sercher, „versuergen“, sécherlech. Mä huet hautdësdags eng Opfangstruktur net och aner Missiounen an Aufgaben? Wéi zum Beispill kucken, dass d'Kanner aus enger Migratiounsfamill d'Lëtzebuurger Sprooch genuch beherrschen, wa se bis an d'éischt

Schouljoer kommen, fir an eiem dach kom- plexe Schoulssystem iwwerhaupt kënnen ze bestoen.

Eng Gesellschaft, Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kollegeen, ka sech et haut net méi leeschten, dass d'Bil- dung, zemools wat déi Sprooch ugeet, déi am Land geschwat gëtt, eréischt an der Primärschoul ugeet. Genau dofir ass an eisen Ae genuch a virun allem genuch qua- lifizéiert Personal net nëmmen néideg, mä e Must.

An dësem Projet de loi steet jo och e Saz iw- wert d'Sproochen dran, déi d'Dageseltere musse kënnen fir en Agrément ze kréien. An zwar musse se sech kënnen an enger vun deenen dräi geleeefge Sproochen, also Lët- zebuergesch, Däitsch oder Franséisch, ausdrécke kënnen.

Wann een awer eng vun de Missiounen gesäit, déi an deem Projet de loi kloer an däitlech opgezielt sinn, déi ass, dass d'Kan- ner bei den Hausaufgabe solle gehollef kréien, da gesäit een awer, dass dat kéint schwierig ginn. Erëm weinst eiem kom- plexe Sproochen- a Schoulssystem. An da si mer eigentlech erëm beim Bildungsoftrag vun eisen Opfangstrukturen am Allgemen- gen ukomm.

D'LSAP-Fraktioun weess awer, dass, wat mer méi restriktiv ginn, wat mer ville Leit et ein- fach géifen onméiglech maachen, esou en Agrément ze kréien. Datt mer d'Schwarz- aarbecht oder Situatiounen, wou Kanner ënner onwürdege Konditiounen zu 20 an enger Garage oder am Keller versuergt ginn, dann net an de Grëff wäerte kréien.

Mä, Dir Dammen an Dir Härren, och mat dësem Gesetz, wat eiser Meenung no awer, wéi ech jo u Beispiller gezielt hunn, net res- triktiv genuch ass an éischer eng large Ouverture mécht, wäerte Leit duerch d'Netz falen an dësen Iwwergangsberuff och net kënnen ausüben. Sief et weinst der Sprooch, der Wunneng, well och do gëtt et minimal Konditiounen, oder ganz einfach well se den Agrément guer net wäerten ufroen.

Mir müssen eis dann och am Sënn vun dësen Iwwerleeungen ee fir allemol eens ginn, wat mer wëllen. Sollen eis Kanner just versuergt ginn, fir dass se net eleng doheem sinn oder am Schoulhaff ronderëm trëllen, oder leeë mer d'Lat trotz allem e klengt Stéckelche méi héich a probéiere vu klen- gem un déi vill geprise Chancëgläichheet tëschent de Kanner hierzustellen?

Ech weess och, Här President, Kolleegin- nen a Kollegeen, dass d'Madame Ministesch ganz sécher vill vun dësen Iwwerleeunge kann deelen, mä dass dat heiten nun eben emol deen éische Schratt ass. E Schratt an déi richteg Richtung, deen néideg ass, mä dee mer awer müssen analyséieren no enger Rei Joren.

Konkret: Wat huet dëst Gesetz bruecht? Wéi vill Demandé sinn erakomm, fir esou en Agrément ze kréien? Si weiderhi Fäll vu Schwaarzaarbecht opgeflunn, méi oder manner wéi dat virun dësem Gesetz war? Wéi vill Familljen oder Kanner hu vun dëser Méiglechkeet als Opfangstruktur Gebrauch gemaach?

Nëmme mat dësem Bilan kann een d'Ge- setz verbessern, an deem wäerte mir eis als LSAP ganz sécherlech och net ver- schléissen.

An Däitschland, fir eent vun eisen Nopesch- länner als Beispill erauszepicken, si schonns virun 30 Joer Iwwerleeungen zu dësem Statut ugaangen a si hu bis haut nach net all Problemer, déi domat zesu- menhängen, am Grëff. Si wëssen net, wéi vill Persounen de Beruff ausüben, mä just, dass bis 2005 eng ronn 1.800 Leit déi 160 Stonne Formatioun, déi bei hinnen néideg si fir den Agrément ze kréien, gemaach hunn.

De Bundesverband vun den Tagesmütter seet och selwer, dass si nach ëmmer kee Beruff sinn, mä ëmmer nach nëmmen eng Zousatztätigkeet, an hei si mer dann erëm beim Conseil du travail féminin senger Ausso ukomm.

Dat gëllt bei eisen Noperen iwwregens och fir de finanzielle Volet, wou Fraen dacks ënner zwee Euro d'Stonn pro Kand bezuelt ginn. Als Beispill vläicht Köln oder Berlin, wou de Präis bei 1,91 Euro läit, allerdéngs akommesofhängeg an och da fifty-fifty zwëschent den Elteren an hirem Jugendamt gedeelt gëtt.

Hei schléisst sech de Krees dann erëm an ech sinn erëm um Ufank vu menger Inter- ventioun ukomm: Dageselteren ass en Iw- ergangsberuff, vun deem hautdësdags zumindest kee méi liewe kann.

Ech wëllt awer zum Schluss nach eemol soen, dass den Avis vun Statsrot mer eng gewësse Satisfaktioun ginn huet. Et ass do- duerch, zum Beispill wat d'Sproocheklausel

ubelaangt, eng Verbesserung an den Text erakomm.

Mir hätten et als LSAP och gär gesinn, wa bei der Zuel vun de Kanner, déi matenee versuergt ginn, dem Statsrot Rechnung gedroe gi wär an déi Zuel op dräi amplaz op fënnef limitéiert gi wär. Mä et kann een net alles hunn. Mir hunn e Kompromiss an der Kommissioun fonnt, och - an dat ginn ech gären zou - wann dee mech sécherlech net wonschlos glécklech mécht, well ech fan- nen, datt fënnef Kanner en charge ze huen, ouni seng eegen derbäizezielen, däers Gudden dach e bëssen ze vill ass. Mä dofir ass awer an den Text mat erakomm, datt déi Plaz, déi de Kanner als lesszëmmer oder/an als Séjour déngt, minimum 2 m² pro Kand muss hunn. An hei ginn dann och déi eege Kanner mat berücksichtegt.

Meng Fraktioun dréit also trotz Bedenken a kritesche Bemerkungen dëse Projet mat, weinst eben deenen eenzelne gudden Usätz, a well mer och der Meenung sinn, datt et en éischte Schratt ass an déi richtig Richtung. Mä mir wäerten awer ganz sécherlech no enger Rei Joren de Bilan heivunner froen.

Domat ginn ech den Accord vun der LSAP-Fraktioun, soen natierlech der Rapportrice Merci fir hiren exzellente Rapport, an lech, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här President, Madame Minister, fir d'Nolauschteren.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen der Madame Dall'Agnol Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn der Madame Dall'Agnol opmierksam nogelauschert a festgestallt, datt, wann déi gréng Fraktioun an déi rout Fraktioun zesummen d'Gesetz gemaach hätten, mer e puer Saachen anescht gemaach hätten.

(Interruption)

Fir unfefänke wëll ech der Madame Andrich Merci soe fir hiren ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, déi Gréng gesinn d'Versuerge vu Kanner duerch Drétpersounen als en Deel vun der Kannerbetreiung; an zwar als deen Deel, dee soll asprangen do, wou d'Haaptpilieri vun der Kannerbetreiung net duerginn. D'Haaptpilieri sinn a bleiwen - an doru wäert och dëst Gesetz näischt änneren - engersäits de Congé parental an anerersäits déi öffentlech an déi konventionéiert Structures d'accueil wéi d'Crêchen an d'Maisons relais.

Esou ass et begrëssenswäert, datt zënter der Aféierung vum Congé parental bis Enn 2006 ëmmerhi méi wéi 35.000 Eltere vun dësem Congé profitéiert hunn, och wa mir bedauern, datt nach net genuch Pappe vun dëser Mesure profitéieren. Hei ass d'Verhältnis bal 1:5 zu Ongonschte vun de Pappen. Hei bleift nach Handlungsbedarf fir d'Politik.

Wat den Ausbau vun de Betreuungsstrukturen ugeet, huet d'Regierung sech jo elo endlech méi ambitiéis Ziler ginn, déi si ënnert der Mathëlef vun de Gemenge jo dann och hoffentlech wäert erreechen.

Dir Dammen an Dir Hären, fir déi Gréng ass et kloer: Mir wëllen eng Gesellschaft, an där d'Männer an d'Frae gläichberechtegt sinn, an an där Schaffen, Famill a Kanner hu sech net als Fro vun entweder oder, mä ganz kloer als Ausso vu souwuel dat eent wéi dat anert definéiert. An et ass der Politik hir Pflicht, de Fraen a Männer, de potenzielle Mammen a Pappen, bei der Kannererzéiung duerch gutt Strukturen ze hëllefen an domat och ze erlaben, datt kee sech muss ze vill laang komplett aus der Aarbechtswelt zrëckzéien, well dat zu deene Problemer féiert, déi mer kennen an och schonns öfter hei opgezielt hunn.

Am Rapport steet, datt den Zougang zur Aarbechtswelt d'ekonomesch Onofhängegkeet mat sech bruecht huet. Eng Onofhängegkeet, déi nëmme weineg Fraen haut wëllen opginn. Zumindest net ganz. Et pour cause! Firwat soll dann awer och ee Mënsch - ob Mann oder Fra - sech an eng ekonomesch Ofhängegkeet eramanövréieren? «Les jeunes femmes...», esou steet et am Rapport, déi aus der negativer Erfahrung vun hire Geschlechtsgenossinne geléiert hunn, «...refusent toute dépendance économique.» Mir félicitéieren deene jonke Fraen.

Dann heescht et och nach, datt vill Frae mussen schaffen goen, well se eleng sinn, oder well eng Pai net duergeet fir eng Famill. Dat sinn iwwregens genau déisel-

wecht Ursaache firwat vill Männer mussen schaffen goen. An da sinn d'Grousselteren och net méi esou disponibel, heescht et am Rapport, well d'Frae schaffen ginn, well d'Fraen hir Kanner haut méi spéit kréien. Da sinn d'Grousseltere schonn eventuell ze al, well de Pensiounsalter eropgeet - dovu gëtt vill geschwat -, well mer, wa mir bis d'Pensioun kréien, eis mussen ëm eis Eltere këmmen a si fleegen, an dann net och nach eis Enkelkanner vu moies bis owes kënnen versuergen. Ech mengen, éierlecherweis misst een och soen, datt et eng Rei Grousseltere ginn, déi eng ganz gutt Relatioun zu hire Kanner a Kandskanner hunn, déi sech hire Liewensowend awer anescht wëlle gestalten wéi permanent disponibel ze sinn; och wann et ëm esou eng nobel Saach wéi d'Erzéiung vun hiren Enkelkanner geet.

Mir wëssen, datt gutt an enk Vertrauensrelatiounen fir Kanner immens wichteg sinn. Fir esou eng Relatioun kommen natierlech un éischter Stell Mamm a Papp, awer och Groussmamm a Grousspapp a Fro. An da kënnen mer méi wäit siche goen. Eng gutt Relatioun léisst sech awer net op de Facteur Zäit reduzéieren. Dozou gehéiert vill méi wéi reng Stonnepresenz.

Duerfir sinn déi Gréng der Meenung, datt d'Elteren och e Recht op eng gutt Kannerbetreiung hunn déi Zäit, wou se wëllen oder mussen schaffen goen. An d'Kanner hunn e Recht op eng gutt Betreiung. Fir eis heescht dat emol fir d'éischt, datt mir gutt Strukture fir all Kanner schafen. Dat si Crêchen a Maison-relaisen. Hei mussen mir mat den Efforten, déi de Stat an d'Gemengen an der leschter Zäit gemaach hunn, virufueren. Ech hunn dat schonns gesot, mä dat kann een net oft genuch soen.

Da kënnen mir och nach aner Méiglechkeete vu Kannerbetreiung ausbauen, esou wéi haut d'Assistance parentale. Wann am Rapport steet, datt d'Kannerversuergung am Laf vun de Joren eng Prioritéit ginn ass, da gesi mir dat och esou. Mä wann et dann heescht, et wier d'Zil vun der Maison relais, fir den Elteren an der gréisstméiglecher Zuel vu Gemengen an de groussen Agglomerationen eng flexibel Offer vu Kannerbetreiung unzëbitten, da geet dat eis natierlech net duer.

Mir hätten dat Ganzt gäre flächendeckend. D'Demandë sinn nach ëmmer daitlech méi grouss wéi d'Offer. Déi Gréng sinn der Meenung, datt d'Assistance parentale kee Moyen ass, fir dem Mangel un Infrastrukturen entgéintzewierken. D'Assistance parentale ass eng gutt Mesure, fir do ze hëllefen, wou d'Structures d'accueil net kënnen hëllefen, well se eventuell net esou flexibel sinn, wéi et gebraucht gëtt.

An deem Sënn begrëisse mir och den aktuelle Projet de loi. Doduerch, datt mir d'Assistance parentale reglementéieren, sollten eigentlech all Parteie gewinnen: d'Elteren an hir Kanner, well se eng relativ Garantie fir d'Qualitéit vun hirem Déngscht kréien. Ee Problem gesi mir allerdëngs schonns bei der Zuel vun de Kanner, déi kënnen pro Agrément betreit ginn. Fënnef Kanner sinn der vill. Mir hätten et léiwer gesinn, wann dem Statsrot seng Zuel - dräi Kanner - sech duerchgesat hätt. Et wier och vläicht méi realistesch.

Déi meescht Leit, déi fir e Service Kanner versueren, betreiwen zwee bis dräi Kanner. Mir fäerten, datt mat esou enger grousser Kannerzuel - déi eege Kanner si jo net an där Zuel mat abegraff - de Risque besteet, datt hei eng bëleg Konkurrenz zu de Crêchen a Maisons relais entsteet. Dat wëlle mir net. Mir sinn der Meenung, datt et richtig ass, den Agrément als Bedéngung ze stellen. Dat schéngt eis déi beschte Méiglechkeet, d'Qualitéit vun deem Service kënnen ze garantéieren.

En Agrément ze kréien ass relativ einfach. Déi betraffe Leit mussen de Conditions d'honorabilité entsprechen. Dat schéngt eis nëmme logesch ze sinn. Och déi aner Persounen am Stot mussen dës Konditioun erfëllen. Och dat ass logesch, awer eventuell net esou einfach ze kontrolléieren.

Déi Persoun brauch eng minimal berufflech Qualifikatioun. D'Iwwerleeung war, datt, wann d'Formationioun méi exigent wier, mer géife riskéieren, datt keng Leit den Agrément géifen ufroen. 100 Stonne Formation plus ee Stage vun 20 Stonne sollen als Formation initiale organiséiert ginn. Wichteg, well se ee permanente Kontakt mat de Betraffenen erlaabt, ass och d'Formation continue vun 20 Stonnen all Joer.

Och wa mir Verständnis derfir hunn, datt d'Regierung potenziell Interessenten, fir en Agrément ze kréien, net duerch allze héich Uspréich un eng Formationioun wollt ofschrecken, och wa mir d'accord sinn, datt et drëm geet, eng Situatioun um Terrain ze reguléieren an d'Schwaarzaarbecht um Kannerbetreuungsmaart an de Grëff ze kréien, esou

stelle sech awer eng Rei Froen, wat d'Formationioun ugeet. Ech ginn dervun aus, datt d'Madame Minister eis och heizou nach e puer Informatiounen wäert liwweren.

Wou ass de Règlement grand-ducal, wéi en am Artikel 9 ernimmt gëtt, drun? Dee Règlement, deen d'Richtlinnen ugëtt iwwert den Zougang zur Formationioun, d'Formationioun selwer an d'Zertifizéierung vun der Formationioun. Sinn d'Inhalter vun der Formationioun festgeluecht? Besteet elo schonns d'Méiglechkeet, esou eng Formationioun matzemaachen? Sinn d'Konditiounen vum Stage geregelt? Sinn d'Servicer, déi a Fro kommen, prett, fir Stagiairen opzehuelen? Ass dës Formationioun esou geplangt, datt se kann als ee Module vun der Formation professionnelle gëllen? Wien ass hei federführend, de Ministère de la Famille oder de Ministère de l'Éducation nationale? Dat si Froen, déi mir eis do nach stellen.

Wa mir dann den Agrément als Konditioun setzen, dann ass et jo och duerchaus logesch, datt mir eng Strof festleeë fir déi Leit, déi dat Gesetz net anhalen. Et stellt sech awer d'Fro, wéi mir dat an der Praxis wëllen a kënnen kontrolléieren. Wa mir déi Situatioun vun onkontrolléierter an zum Deel och wierklech net gudder Kannerbetreiung - an et si Beispiller hei ugefouert ginn - an de Grëff wëlle kréien am Intérêt vun eise Kanner, muss dat eist Zil sinn a bleiwen, da brauche mer och Kontrollméiglechkeeten. Do wiere mer och frou ze wëssen, wéi déi ausgeséichen.

Déi Persoun, déi en Agrément kritt, muss sozialverséichert sinn an eng Assurance hunn, datt ass wichteg. Et ass bewosst do-rop verzicht ginn, de Statut vum Assistant parental méi genee ze definéieren. Mir hunn et hei mat enger Prestatioun ze dinn, déi souwuel vun engem Indépendant wéi vun engem Salarié kann ausgeübt ginn.

Wann een déi ganz bescheiden Zuel vun Assistant-parentalë kuckt, déi bis elo en Agrément kritt hunn; wann ee weess, datt mir vill manner Leit hunn, déi wëlle Kanner versueren, wéi mer der hunn, déi hir Kanner op dës Manéier wëlle versuergt kréien; wann ee bedenkt, datt et vill Schwaarzaarbecht op dësem Plang gëtt, da stellt sech och d'Fro, ob de Ministère net muss d'Konditiounen vun den Assistant-parentalë verbesseren.

Mir stelle jo elo berechtigt Fuerderungen no Formationioun a Formation continue. Mir verlaangen en Agrément, fir kënnen dësen neie Beruff auszeüben. Da stellt sech awer och d'Fro, wat de Stat dann elo deene Leit bitt, déi bereet sinn, dës Konditiounen ze erfüllen. Mir mengen, mir misste Richtlinnen ausschaffen, wat d'Bezuele vun dësem Service ugeet respektiv do, wou et dës Richtlinne scho gëtt, kucken, ob se net mussen ugepasst ginn. Vlächst ass d'Aarbecht vum Assistant parental einfach net attraktiv genuch, well se mat den aktuellen Dagessätz relativ schlecht bezuelt ass.

Besonnesch fir déi Leit, déi am konventionéierte Secteur schaffen, ass et schwéier ze verstoen, datt, wann dat Kand, wat soll betreit ginn, krank ass, de Verdéngscht ausfällt. Datselwecht geschitt, wann d'Dagesmamm krank ass.

An eisen Ae misst déi logesch Suite vun dësem Gesetz d'Ausschaffe vun engem Statut vun dem Assistant parental sinn. Bei aller Kritik sinn déi Gréng der Meenung, datt duerch dëst Gesetz e Kader fir d'Organisation vun engem Service vun Assistance parentale gesat gëtt, an dat ass eng Verbesserung par rapport zu der aktueller Situatioun. Duerfir stëmme mir och net géint dëst Gesetz.

Déi Gréng sinn awer och der Meenung, datt nach eng ganz Rei Froen opstoe bleiwen an net mat dësem Gesetz geléist ginn, zum Beispill de Statut vun den Assistant-parentalen, eng ganz Rei Froen zur Formationioun an och d'Fro vun der Zuel vun de Kanner, déi eis ze héich ass. Duerfir wäert eis Fraktioun sech bei dësem Vote der Stëmm enthalten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Gibéryen agedroen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un eis Rapportrice, d'Madame Sylvie Andrich, fir deen exzellente Rapport, dee si eis de Mëtteg mëndlech an och schréftlech virgeluecht huet.

Ech mengen, et misst een awer och hei e Merci un de Claude Meisch riichten, deen eng Proposition de loi gemaach huet an dësem Domän an och doduerch dozou bäigedroen huet, datt dee Projet de loi vlächst

méi séier wéi am Regierungsprogramm virgesinn ass zum Droe komm ass, méi séier, wéi dat geplangt war. Dat ass e wichtige Projet, an ech wëll och duerfir direkt vun eiser Säit aus am Ufank d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen.

Vun alle Säiten, vun alle Parteien, vun alle Leit gëtt ëmmer méi gesot, datt de Stat sech net soll an d'Familljen amëschen, datt et der Famill selwer muss iwwerlooss sinn, fir ze decidéieren, wéi se Famill a Beruff ënner een Hutt kréien - d'Famill, ob dat Mann a Fra a Kanner oder Elengerzéiend a Kanner sinn. D'Famill soll also selwer decidéieren, wéi se sech organiséiert. D'Virussetzung awer, fir datt eng Famill dat kann, ass, datt se och de Choix dozou huet, datt een also flächendeckend Infrastrukturen am Land opriicht. Mir hunn als ADR ëmmer eis Zoustëmmung zu deenen Investitiounen ginn.

An deene leschte Joren ass villes doranner geschitt, souwuel um kommunale wéi um nationale Plang, sief et iwwer Garderien, sief et iwwer Crêchen oder Maisons relais, déi praktesch elo flächendeckend dostinn. Mir hu virun e puer Deeg hei eng Diskussioun gehat, wou mer gesot kritt hunn, datt een am Fong kann dovun ausgoen, datt 2008/2009 flächendeckend duerch d'Land Maisons relais opgeriicht si ginn an Zesummenaarbecht tëschent dem Stat an der Gemeng. An och de Précoce, dee mer elo geschwé flächendeckend hunn - ech mengen, et sinn 115 vun 116 Gemengen, déi de Précoce ubidden -, ass och zum Deel eng Infrastruktur, wou d'Kanner era kënnen goen, fir eben hei méi fréi an eise Schoulsystem eranzekommen. De Congé parental ass de Mëtteg hei genannt ginn als eng weider vun deene Moosnamen.

Mir hunn also schonn eng ganz Rëtsch vu Moosnamen, déi mer presentéieren, an haut gëtt eng weider Lück geschloss do-uerch, datt mer och eng gesetzlech Basis schafe fir d'Dageselteren. Déi Approche, déi mer hei geholl hunn, fir et minimal ze reglementéieren, fir déi néideg Flexibilitéit dranzubringen, an de Virdeel, deen et och dacks mat sech bréngt, well een eben do an dësem Domän éischer eng Familljenambiance erëmfënnt an eng Bezéiung zu enger Persoun, alles dat kann och eng positiv Entwécklung sinn, aus där mer kënnen aner Schlussfolgerungen zéien.

Et ass jo esou, datt een dat Gesetz hei elo kann analyséieren an déi eng oder aner Richtung a mengen, et misst nach hei verbessert ginn an et hätt misse méi wäit goen oder et wier net wäit genuch gaangen. Ech géif awer éischer mengen, datt een dat Gesetz hei soll ulafe loossen an datt een dann an engem Zäitraum vun engem oder zwee Joer Erfahrungswärter kritt an dann, mengen ech, si mer hei an der Chamber, wéi mer dat an der Vergaangenheet mat ähnleche Gesetz gemaach hunn, à même fir dann dat Gesetz unzepassen an déi eng oder an déi aner Richtung.

Wichteg schéngt mer awer och hei dobäi ze sinn, Här President, datt mer och elo déi néideg Campagne mussen maachen - dat muss de Ministère wahrscheinlech maachen -, fir all déi Leit, déi interesséiert sinn oder déi schonn an där Fonctioun momentan déi Roll iwwerholl hunn, ze informéieren, a fir hinnen ze hëllefen, fir sech à même ze setzen, fir dem Gesetz gerecht ze sinn an deementspreechend dat och esou ze maachen.

Fir eis als ADR bleift nach ee Problem bestoen an där ganzer Unzuel vu Méiglechkeeten, déi mer hunn an déi ech elo gesot hunn, fir déi Kannerbetreiung ze maachen, an zwar ass dat de Problem vun deenen Elteren, déi am Fong keng vun deene Moyenë fir sech beusprochen. Dat heescht am Fong d'Mamm oder de Papp, mä an der Regel ass et d'Mamm, déi doheem sinn an déi ganz Aarbecht fir sech doheem maachen, wat jo och e Stéck vun der Fräiheet ass.

Wa mer gesinn op där anerer Säit, wat déi Investitiounen sinn, déi mer als Stat a Gemengen an déi Infrastrukturen do stiechen, an och herno d'Nofolgekäschten, d'Frais d'entretien, d'Frais de gestion, wat dat alles d'öffentlech Hand kascht, esou ass dat net näischt, wat mer doranner investéieren, esou datt mir och mengen, datt ee misst eng Unerkennung bréngen vis-à-vis vun deem Elterendeel, deen doheem bleift an eng Erzéiungsaarbecht mécht.

Mir hunn dat schonn des Öfteren an deenen Diskussiounen gesot, datt och hei sollt de Stat seng Responsabilitéit iwwerhuelen, a mir proposéieren och duerfir, datt de Stat iwwert déi normal Zäit eraus, déi en Elteren-deel doheem bleift, fir déi Aarbecht ze maachen, datt soll unerkennen. Mir wëllen net do ze vill exigent sinn, mä mer soen zum Beispill, datt de Stat géif d'Cotisation fir d'Pensionskeese fir déi Persoun iwwerhuelen an Héicht vum zweefache Mindestloun, fir datt esou och déi Leit wuel net e Gehalt kréien, mä awer eng Unerkennung engersäits kréien, an op där anerer Säit sech och iwwert dee Wee kënnen individuell Pensions-rechter opbauen.

Dat schéngt eis e wichtege Punkt ze sinn, fir datt och déi Leit eng Unerkennung kréien, well een, wann ee mat de Leit diskutéiert, mierkt, datt dat haut vu villen als e Problem ugesi gétt, datt déi Leit soen, ma mir maache jo och eng grouss Aarbecht a mir ginn net honoréiert, a fir all déi aner huet de Stat awer finanziell Unerkennung iwwert de Wee vun der Bähëllef un den Investisse-menter respektiv un de Fonctionnement.

Ech géif also mengen, wa mer nach géifen dee leschte Punkt do vun där Problematik schléissen, dann hätte mer hei zu Lëtzebuerg eng gerecht a sozial gerecht Unerkennung vun der Kannerbetreuung, an d'Elteren hätte wierklech dann och de Choix, hir Kanner doheem selwer ze erzéien oder se an eng Struktur eranzeginn, a si hätten alleguer eng Unerkennung vun dem Stat respektiv vun de Gemengen.

Dëse Projet hei geet fir eis wéi gesot an eng gutt Richtung a mir wäerten dëse Projet och stëmmen.

De Kolleeg Claude Meisch huet hei en Amendement erabruecht, bei deem mir eis wäerten als Partei enthalen, well mer och net esou dovun iwwerzeegt sinn, datt, wann een dat fräi léisst, wou een dann d'Differenz mécht, wie froe muss a wien net froe muss. Et ka jo net esou sinn, datt déi, déi an der Rei sinn, en Agrément froen, an déi net an der Rei sinn, soen, da froe mer ebe keen. Esou einfach kann et jo och net sinn. Ech géif duerfir mengen, datt déi Décisioun oder déi Proposition, wéi se am Gesetz steet, scho méi virdeelhaft wier fir d'Interesse vun de Kanner, wéi den Amendement.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gibéryen Merci. Als leschte Riedner ass den Här Aly Jaerling agedroen. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Dee Gesetzesprojet hei huet op jidde Fall de Mérite, dass en aus enger éierbarer Schaarzaarbecht eng éierbar Beschäftegung mécht. Ech mengen, dat ass wichteg, wann ee gesäit, wéi vill där Leit, wéi vill Familljen hir Kanner bei Noperen oder bei anerem Deeler vun der Famill a Betreuung ginn, a wéi seriö dass déi Leit deen Job do maachen, ouni awer iergendeng legal Ofsécherung ze hunn oder ouni awer iergendeng Ofsécherung, eng Assurance oder iergendepes ze hunn, wann eppes kéint geschéien.

Et ass och wichteg, dass déi Strukturen hei méi kleng sinn an dofir och eng besser Betreuung erméiglechen, onofhängeg vun der Zuel vun de Kanner, déi betreit kënnen, wou een driwwer ka streiden. Mä op jidde Fall ass de Kader méi kleng an dofir ass méi eng enk, méi eng direkt Betreuung mat de Kanner méiglech, wou och eng aner Bezéiung opkënnt, wéi awer an enger Crèche oder a méi grouse Strukturen.

Fir mech ass a bleift d'Kärzell vun eiser Gesellschaft awer nach ëmmer d'Famill. An ech mengen, et ass d'Opwärtung vun der Famill, déi am Vierdergrond muss stoen, op verschidden Aart a Weisen. Ech kann do dem Här Gibéryen nëmme Recht ginn, wann en drop hiweist, dass, och wann e Partner doheem bleift an d'Famill esou eng aner Aart a Weis fir ze liewe gewielt huet, dann och do sollen effektiv Méiglechkeete geschafe ginn, fir dat ze erméiglechen.

Ech hunn dat schonn ugekënnegt, een-, zweemol, an ech sinn och amgaang eng Proposition de loi auszeschaffen an deem

Sënn, wou ech ganz kloer soen, dass ee bei der Assurance vieillesse genau esou Cotisationen soll festleeën, wéi beim Kranke-schäin.

Dat heescht, dass bei der Famill, wou de Mann oder d'Fra, ee vun deenen zwee Partner doheem bleift, dat iwwert déi Versécherung soll mat ofgeséichert ginn, dann hätte mer de Problem geléist. Am Endeffekt, wann een dat alles ausrechent, mat deem Ganze ronderëm, géif dat net méi deier ginn, wéi elo. Do sinn zwar eng Rei Froen, déi sech stellen, mat der Witwerent spéider, oder aner Froen. Mä op jidde Fall sinn déi ze léisen, an ech sinn amgaang mat verschidde Leit, déi Expert sinn, dat do auszeschaffen an ech wäert déi Proposition de loi dann hei virbréngen, fir dann ze kucken, ob mer an déi Richtung kéinte goen. Ech mengen, dann hätte mer schonn op deem Gebitt eppes geschafft an dann hätte mer dee konkrete Problem vun der Famill, déi sech eben dozou entscheet huet, fir dass ee Partner doheem bleift, fir d'Kanner ze betreien, och mat geléist.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Jaerling Merci. Elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Familljeministesche, d'Madame Jacobs.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President. Ech géif fir d'éischt ufänke fir och der Madame Sylvie Andrich-Duval ze félicitéieren fir hire ganz exakte schrëftlechen a mëndleche Rapport an all zousätzlech Erklärungen, déi se eis nach doriwwer geliwert huet.

Ech géif och wëllen dem honorabelen Här Meisch Merci soe fir seng Proposition de loi, wat also weist, datt trotzdeem deem enge bal alles ze wäit geet an deenen anere bal näischt wäit genuch geet. Awer d'Majoritéit hei an der Chamber wäert dee Projet de loi, deen elo virläit, stëmmen. Ech sinn och der Meinung, datt een deen elo emol sollt, wéi en elo proposéiert gétt, op den Instanzeweeg ginn an domat em d'Chance ginn, fir en an der Realitéit ëmzesetzen, an dann och ze kucken, ob en dat erfëllt huet, wat mer eis wënschen, an ob en och deem nokënnt, wat eis erwaart.

D'Assistance parentale ass eng pedagogesch Offer vun Eltere fir Elteren, wou ee stonneweise am Dag oder och an der Nuecht kann opgeholl ginn, an deenen d'Elteren normalerweis ausserhalb vun der Famill schaffen. D'Eltere bezuelen duerfir eng Entschiedegung, déi si mat den Dageselteren aushandelen. An deem heite Fall - den Ënnerscheed vun deem, wat den Här Gibéryen an den Här Jaerling gemengt hunn - ass et net de Stat, deen eppes derbäileet, mä hei ass et eppes, wat zwëscht den Eltere gemaach gëtt a wou mir net finanziell kontribuéieren. Also ass dat sécher en Ënnerscheed zwëscht deem, wat Dir gesot hutt, fir déi Leit, déi da ganz doheem bliwen.

Ech mengen, et wier och wichteg ze wëssen, datt et en Ënnerscheed gëtt zwëscht der Assistance parentale an dem Placement familial. Ech mengen, datt vläicht do och Iertëmmer sinn: De Placement familial, dat sinn normalerweis Kanner, déi ganz dacks gravéierend Problemer hunn; wougeint an der Assistance parentale dat awer Kanner sinn, déi aus normale Situatiounen kommen.

De Placement familial si Kanner, déi zumindest fir eng Zäit net an hirer Famill an net bei hiren Eltere sollen oder därfer liewen. De Kontakt mat den Eltere bleift zwar bestoen, mä fir eng Zäit iwwerhëlt d'Famille d'accueil d'Haaptverantwortung.

Beim Placement familial iwwerhëlt och d'Allgemengheet den Haaptdeel vun de Käschten; bei der Assistance parentale ginn déi Käschten zu Laaschte vun den Elteren.

Beim Placement familial muss och d'Famille d'accueil vun engem externe Service a vu Professionellen ënnerstëtzt ginn; bei der Assistance parentale leeft dat op privater an op fräiwëlleger Basis.

Mir hunn ënnerschiddlech Modeller, wou Kanner kënnen en charge geholl ginn. Ech fannen, datt dat wichteg ass, an dofir ass dat heiten och e Stéck do dervun. Mir hunn zum Beispill d'Internater, wou mer 609 Plazen hunn. Plus 160 halléif Internatsplazen, plus nach eng Rei Schoulinternater, mä dat ass dann awer fir déi Kanner, déi méi grouss sinn, déi am Secondaire sinn. Mir hunn 163 Foyers de jour a Créchë mat 5.200 Plazen.

An och do wëllt ech dem Här Adam soen, datt mer de Moment am Fong keng Waardelësche méi hunn, besonnesch opgrond vun dem Congé parental. Fir d'nächst Joer sinn do déi 100 Plaze virgesinn, mä dat ass am

Fong keng Waardelëscht, mat Ausnahm vu punktuellen Uertschaften, wou och besonnesch grouss Demandë kommen, och vun netlëtzebuurger Elteren, déi gären hir Kanner géife mat op Lëtzebuerg fir d'éischt an d'Crèche bréngen an duerno se hei an d'Schoul schécken. Wat kloer ass, well se géife gäre vun der Méisproochegkeet vun eisem Land profitéieren fir hir Kanner. Mä wéi gesot, fir d'Résidentë selwer hu mer do kee groussen Nohuelbedarf.

Bei de Maisons relais si mer mëttlerweil op 212 Haiser, déi et gétt, an 102 Gemengen. An 102 Gemengen! Dat ass also dat Netz, wat Dir Iech wënscht zu engem groussen Deel, mat engem ënnerschiddlechen Angebot, wou mer och de Gemengen d'Fräiheet gelooss hu fir ze soen, a fënnf Joer muss Der Iech konforméiert hunn, da muss Der e Gesamtangebot den Elteren och proposéieren. Dat well een awer gesäit, datt een net vun engem Dag zum aneren onbedéngt eng Infrastruktur zur Verfügung huet. Mir sinn elo amgaang ze kucken, wéiwäit datt een och kann aner Infrastrukturen, déi zur Verfügung stinn, besser notzen - ech denken do besonnesch un de Précoce -, datt een net ëmmer erëm muss nei Gebaier opriichte fir déi eng oder aner Stonn, wou d'Kanner do sinn.

Also dat alles sinn Iwwerleeungen, déi mer och mat der Education...

(Interruption)

Gesitt Der mol, méi wéi eng Kéier!

Wou mer also och kucken, datt mer awer dat och besser matenee vernetzt kréien.

Zënter 2000, wou dat besteet, dat sinn also nach keng siwe Joer, hu mer 11.374 Plaze geschaf, ouni datt mer d'Gemege forcéiert an obligéiert hunn. An ech muss soen, dat ass fir mech en Erfolgsmodell, well soss hätte mer net esou vill Zuele krit.

Et war net ëmmer evident, datt d'Gemege fonnt hunn, datt dat awer néideg wier, well ganz dacks gesot gouf, bei eis kënn kee froen. Ma wann näischt do ass, kënn kee froe fir e Kand placéiert ze kréien, well da geet ee jo dovun aus, datt een net brauch froen ze goen, well dann hëlleft et souwisou näischt.

Mir gesinn awer, datt do vill méi e groussen Drock komm ass vu villen Elteren an deene leschte Joren an datt mer och natierlech et geschaf hunn, datt mer de Gemege bäileeë bei der Infrastruktur, wou mer 10.000 Euro pro Plaz bäileeën, plus dann och d'Halschent droe vun deene Käschten, déi d'Eltere selwer net droen. Well et ass jo net esou, datt déi Elteren näischt géife bäileeë bei deene Placementer do. Vun dohier denken ech, datt dat och eng gutt Méiglechkeet ass, och fir d'Gemengen, fir dat gemeinsam ze maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Doriwwer eraus hu mer de Service vun der Aide familiale, déi also bei d'Leit an d'Familljen hëllef ginn, wann dat gebraucht gëtt a wann dat néideg ass, an och de Service fir krank Kanner doheem, deen da kënn, wann e Kand krank ass, fir datt dat dann och ka betreit ginn.

Fir mech ass d'Assistance parentale ee Steen am Mosaik vun der ganzer Kannerbetreuung. Et ass méi Flexibilitéit wéi jee en anere kann ubidden. De Familljekader an och d'Ambiance ass natierlech éischter wéi doheem. Et ass een eenzege Betreier oder eng Betreierin, déi do ass. Et ass méi e grouse Fräiraum fir d'Elteren a fir d'Betreier an och selbstverständlech e vill manner administrativen Opwand, wéi dat op anere Plazen de Fall ass.

Mir hunn och ewell de Mëtteg hei héieren, datt an der Lissabon-Strategie eigentlech virgesinn ass, dass 60% vun de Frae géifen op den Aarbechtsmaart kommen. Mir si mëttlerweil bei 55% an dobäi bal um Wupp vun Europa. Mir gesinn och, datt an anere Länner, wann ech Däitschland a Frankräich kucken, haut deenen hir absolut Prioritéit déi ass fir ze soen: Mir muss kucken, datt d'Familljen- an d'Beruffsliewe besser matenee kombinéiert ginn. An zënter d'Fransousen e groussst Angebot doranner hunn, déi gehéiere jo zu deene wéinege Länner an Europa, deenen hir demographesch Situation besser ass, wéi all deenen aneren hir, mat Ausnahm och vun deenen nordschesche Länner, wou een dat iwwergens och feststellt, an domadder am Fong jiddferen och misst soen: Dat ass eppes wat mer brauchen, wa mer wëllen, datt an der Zukunft nach Kanner hei zu Lëtzebuerg op d'Welt kommen.

Dann ass iwwert d'Grousseltere geschwat ginn, déi e grouse Prozentsaz ausmaache vun der Garde, déi gemaach gëtt. Et ass och gesot ginn, datt déi an der Zukunft wahrscheinlech ëmmer manner wäerten do sinn, éischstens well d'Leit och nach schaf-

fen an zweetens sech och net méi ëmmer en charge huele loosse fir d'Education vun hiren Enkelkanner ze maachen. Da kënn awer derbäi, datt mer 50% vu Kanner hunn, déi ebe keng Lëtzebuurger sinn. An deenen hir Grousseltere si ganz dacks net hei oder och net disponibel, esou datt ee sech net dorobber ka verlossen.

Eng aner Kategorie ass déi, datt mer ëmmer méi Scheedungen kréien. Mir hunn zu Lëtzebuerg fënnf Scheedungen op zéng Bestietnesser a pro Joer sinn 1.000 Kanner zu Lëtzebuerg vu Scheedungen beträff. Do bliwen also och Elterendeeler, déi dann herno eleng sinn, an déi dann och eleng zoustänneg sinn, fir dann och organiséiert ze kréien, datt hir Kanner a Charge geholl ginn déi Zäit, wou si selwer mussen schaffen goen. Dofir brauche mer e gutt Netz vun éducative Strukturen, déi den Eltere subsidiaresch zur Hand ginn. Dës Regierung an och déi lescht hate sech dat als eng wichteg Prioritéit gesat.

De Gesetzesprojet ass also e Complément fir d'Maison-relaisen, d'Créchen an d'Regierung an d'Gemengen, déi dat jo och konsequent ëmsetzen. Mir schätzen, datt mer mëttelfristeg ongeféier 30.000 Plaze géife brauchen. Da wiere mer an der Lag, iwwert d'Woch op ënnerschiddlechen Deeg an ënnerschiddlechen Dageszäiten den Elteren op eng flexibel Aart a Weis déi Hëllef unzibidden, déi se brauchen.

Mir hunn zu Lëtzebuerg zwëscht null a 17 Joer - si brauche bis 17 Joer net méi alleguer versuergt ze ginn; da brauche se meeschtens eppes aneschtens - 102.000 Kanner. Wa mer also soen 30%, wat och d'Lissabon-Strategie ass, da wiere mer op deenen 30.000, vun deenen ech elo geschwat hunn. Et geet och net drëm, fir d'Elteren ze ersetzen. Mä eist Zil ass et, fir d'Elteren ze ergänzen, a fir besonnesch hinnen ze hëllefen, wa se aus beruffleche Grënn net ëmmer disponibel sinn.

D'Aktivitéit an d'Objektiver vum Gesetz sinn alleguer hei en long et en large diskutéiert ginn. D'Aktivitéit vun den Dageseltere soll e minimale Kader kréien, an d'Flexibilitéit vum System soll och net duerch Iwwerreglementéierung erëm futti gemaach ginn; trotzdeem awer solle Qualitéitskritäre festgeluecht ginn am Interessi vun de betreite Kanner. Dat muss virun allem och op der Basis vun der Kannerrechtskonvention gescheien.

D'Eltere sollen och ofgeséichert ginn. Ech denken, datt dat eigentlech fir mech positiv Ureizer sinn, déi mer virgesinn hunn, fir och domadder deene Leit ze hëllefen, datt d'Angebot méi transparent gemaach gëtt fir d'Elteren, déi eng Plaz sichen, a fir dann och selbstverständlech d'Abusen ze ënnerebannen. Dofir géif ech och wëllen zum Artikel 10 soen, deen am Gesetz drasteet: Do ass virgesinn, datt een, deen net en Agrément freet, dee kann e jo natierlech net zréckgezu kréien, mä wann e sech net un den Agrément hält, da kann en eng Amende kréien zwëscht 251 an 10.000 Euro. En cas de récidive gëtt de Maximum vun der Amende gesprach.

Dat funktionéiert normalerweis do derduerch, datt een ee gudden Noper huet, deen engem seet: Hei do ass een, deen esou eppes mécht. Gitt emol duerno kucken. Also, dat wësse mer jo, datt mer do net brauchen d'Police erauszuschécken, mä do sinn der ëmmer ronderëm, déi gutt intentionnéiert sinn an dat dann och mellen.

Mir hunn och héieren am Virfeld, datt awer eng relativ grouss Demande do ass, och fir déi Assistance parentale. Dat kréie mer sougutt vun de Gemege wéi och vun deenen zoustännegen Servicer gesot.

Iwwert den obligatoreschen Agrément wëll ech hei näischt soen. Mir hate virgesinn, datt mer deen net obligatoresch géife maachen. D'Kommission war anerer Meinung. Wéi gesot, hunn ech mech där Majoritéit vun der Kommission ralliéiert. Mä ech hätt mech awer och kënnen mat där fakultativer Roll zefridde ginn, well ech ëmmer gesot hunn, wa mer positiv Ureizer ginn, da sinn d'Leit jo drun interesséiert, fir deen Agrément ze froen. Et war also net fir ze soen: Deen, dee gutt ass, dee brauch dat net, an deen, dee schlecht ass, geet e souwisou net froen. Mä et war eben eng aner Meinung vun der Kommission do, där ech mech am Kader vu Kompromissfreedegkeet dann och ralliéiert hunn.

Dann eng Fro iwwert d'Zuel vun de Kanner. Do muss ee jo gesinn, datt, wa mer do gesot hätten, dräi Kanner plus déi eegen, déi do a Fro kommen, da gesi mer haut haapt-sächlech, datt ganz dacks Elteren Dageseltere ginn dee Moment, wou hir eege Kanner grouss sinn. Mä si hätten awer déi Kanner behal. A wa mer da gesot hätten, op dräi Kanner, da wieren dat vläicht Leit gewiescht, déi ni hätte kënnen e Kand

versuergen. Dat hätt jo mat Sécherheet och kee vun eis gewollt.

Et kann ee sech versécheren - an et muss ee sech versécheren - entweder als Indépendant oder iwwert d'Procédure administrative simplifié. Awer dofir muss een den Agrément hunn. An ech denke jo, datt dat wichteg ass.

Mir haten am Oktober 2007 97 Dageselteren - exklusiv Fraen - mat 428 Kanner an nach 26 Demanden, déi ënnerwee sinn. Zwëschent 2003 waren et 18 Dagesmammen an 90 Kanner. Wéi gesot, huet dat sech eropgeschafft méttlerweil op 97 respektiv 428 Kanner.

Et ass iwwert d'Formatioun gefrot ginn. An ech denken, datt et och do vill Experienzen de Moment ewell gëtt, eng Kéier iwwert d'Servicer vum Placement familial, iwwert d'Entente vun de Foyer-de-jouren, an och europäesch Projete wéi de Qualifex, an dann awer och eng Partie Gemenge wéi Beetebuerg, Jonglënster an Déifferdeng, déi dat bis elo gemaach hunn. Da besteet eng exzellent Zesummenaarbecht zwëschent dem Educationnsministère an dem Familljeministère, wou e Grupp zesumme-gesat ginn ass, dee sougutt wéi fir d'Aide socio-familiale och hei ausschafft, wat an där Formatioun do soll gemaach ginn, gemeinsam mat deene Gemengen, déi dat bis elo gemaach hunn.

100 Stonne Formatioun si virgesinn, plus ee Stage vun 20 Stonnen, wou Kannerpsychologie, Pédagogie, Hygiène a Sécherheet, richteg Ernährung, éischt Hëllef, Kanner-rechter an Animatiounstechnike virgesi sinn. Mir denken, datt mer dee Reglement do an deenen nächste Woche wäerten disponibel hunn. Dann ass dat jo och zur Verfügung vu jiddferengem vun lech, deen dat interesséiert. Formation continue a Supervisioun: 20 Stonnen. Déi Method sollt dann och selbstverständlech, wann een an déi Coursé geet, praxisno an interaktiv sinn. Et sollen och net méi wéi 25 Stagiären an engem Cours dra sinn.

Déi Leit, déi an der Vergaangenheet Formatioun gemaach hunn, kréie selbstverständlech déi Coursen och validéiert - och fir deenen Ängschten eppes entgéintzesetzen, déi jo den Här Meisch hat -, fir datt do net jiddferen, deen dat bis elo gemaach huet, automatesch da géif awer do erausfalen.

Wien déi Formation gepackt huet, well dat gëtt jo ëmmer erëm gefrot, dee kann och domadder admissibel ginn, fir an d'Formatioun vun den Aides socio-familiales ze goen.

D'Zesummenaarbecht: Dat sinn déi Aus-siichten, déi mer eis och géife wëlle ginn. Dat ass, datt an deene Stonnen, wou zum Beispill d'Maison-relaisen net op sinn, well et zum Beispill nuets ass, moies fréi oder owes späit, wier eng Méiglechkeet, datt een dat zesumme géif maachen och zwëschent de Maison-relaisen an den Assistant-parentalen.

Dann d'Formation continue, d'pedagogesch Supervisioun an och fir krank Kanner, dat musse mer zesumme kucken.

D'Steieren, wou een dann d'Frais de domesticité kann ofsetzen, wat sécher och en zousätzlechen Attrait ass, sougutt fir d'Eltere wéi och fir déi Leit, déi et maachen.

Aktualiséiert Lëschten: Et ass gefrot ginn, wéi mer dat géife matdeelen. Mir hunn aktualiséiert Lëschte vun allen agréierten Dageselteren, déi op der Internetsäit vum Familljeministère stinn.

Hëllef fir Elteren, déi eng Plaz fir hir Kanner sichen. Mir denken och drun, fir esou eng Agence ze grënnen, déi ebe just déi Leit soll begleeden an hiren administrativen Démarchen an an hire juristesche Froen, déi se hunn, an dann och fir gemeinsam ze kucken eng Trägerschaft ze kréie vun all deenen Organisatiounen, déi an deemem Moment ewell Erfahrungen an deem Beräich hunn.

Domadder, Här President, géif ech lech wëllen alleguer Merci soe fir Är konstruktiv Mataarbecht. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt dat heiten e wichtegt Stéck an e wichtegt Element ass an der Kannerbetreuung zu Lëtzebuerg. Mir hoffen, datt domadder deenen engen an deenen aneren och Rechnung gedroe gëtt.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung.

Amendement 1

Fir d'éischt iwwert den Amendement, deen de Moment allerdéngs eréischt véier Ënnerschrëften huet.

Ass nach ee bereet, den Amendement mat ze ënnerstëtzen?

Den Här Gibéryen.

Gutt. Dann huet den Amendement fënnf Ënnerschrëften. Mir stëmmen driwwer of.

Vote

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 45 Nee-Stëmmen, bei 6 Jo-Stëmmen a 4 Abstentiounen.

Ont voté oui: M. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Charles Goerens), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens et Claude Meisch.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par Mme Claudia Dall'Agnol), Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Mir stëmmen elo iwwert de Projet de loi of, esou wéi en am Document parlementaire 5517^o steet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5517 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, bei 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par Mme Claudia Dall'Agnol), Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mmes Anne Brasseur, Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens et Claude Meisch;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Interpellatioun vun der honorabeler Madame Loschetter iwwert d'Prostitutioun. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Frank, den Här Meisch, d'Madame Err an den Här Mehlen.

D'Wuert huet elo d'Interpellantin fir de Grupp vun deene Gréngen, d'Madame Loschetter. Den Här Jaerling huet sech och elo nach ageschriwwen.



8. Interpellation de Mme Viviane Loschetter au sujet de la prostitution au Luxembourg (modèle suédois)

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG), interpellatrice.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Schweden suergt fir Gespréich...

Ech hoffen, datt d'Madame Ministesch nach erakënn, well ech wollt hir am Fong geholl e puer Froe stellen.

» **M. le Président.** - Jo, si war elo schonn zwou Stonnen heibannen, si ass ee Moment eraus, mä si kënnt direkt erëm. Madame Loschetter, Dir kënnt ufänken. Voilà, d'Madame Ministesch ass schonn do.

(Interruptions et hilarité)

Sou, d'Madame Loschetter huet d'Wuert.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG), interpellatrice.** - Schweden suergt fir Gespréich an onsem klenge Land, a méi prezis de schwedesche Modell, dee vun där zoustänneger Ministesch fir Gläichheet tëschent Männer a Fraen opgegraff ginn ass. Här President, d'Madame Ministesch huet domadder e Steen an d'Waasser gehäit, deen ebe fir Gespréich suergt. Et gëtt erëm méi spezifesch iwwert d'Prostitutioun an hir Problemer geschwat, an dat ass och richteg esou.

Mir hoffen och, datt ronderëm de schwedesche Modell, och neoabolitionnistesche Modell genannt, well e méi wäit geet, wéi deen einfachen abolitionnistesche Modell, déi richteg Diskussioun lassgetréppelt ginn, nämlech déi Diskussiounen an déi Analysen, déi och a Schweden um Ordre du jour waren.

Leitfuedem vum schwedesche Modell ass virop, datt d'Prostitutioun e Problem ass, dee virun allem d'Männer concernéiert. An dëst net nëmmen, well se eben a Schweden pénaliséiert ginn. Schweden thematiséiert och fundamental d'Attitüd vun enger Gesellschaft, déi akzeptéiert, datt d'Männer vun der Prostitutioun Gebrauch maachen - well et sinn haaptsächlech Männer -, thematiséiert d'Attitüd vun de Männer an enger Gesellschaft, déi sech net weider vill Froe gestallt hunn iwwer hiert Verhalen, déi sech weider keng Gedanke gemaach hunn iwwert d'Bild vum Mann an deemem Kontext vun der Prostitutioun.

A Schweden gëtt och eng Diskussioun gefouert iwwert d'Muecht an den Afloss vun de Männer am Kontext Organisatioun vun enger Gesellschaft. Si thematiséieren a Schweden d'Bild, wat d'Männer, spréich d'Pappen, hire Kanner a virun allem hire Jonge wëlle weidervermëttelen. A wann een notament mat Schweden oder mat Schwedinnen eng Diskussioun iwwer hire bekannte schwedesche Modell féiert, erkläre si meeschtens aganks der Diskussioun, wat si dozou gefouert huet, a firwat dese Modell jo dann och vun engem groussen Deel vun hirer Populatioun soll gedroe ginn.

Mir kënnen deemem Weltbild vun enger Gesellschaft, wou Männer a Frae gläichwäerteg sinn, wou een deen anere respektéiert - och a sengen Differenzen -, wou et keng Gewalt gëtt virun allem géint Fraen a Kanner, nëmmen zoustëmmen. Eng Weltanschauung, wou Männer a Frae sech d'Verantwortungen deelen, d'Rechter an d'Flichten op allen Niveauen deelen, wou et keng Diskriminéierung tëschent Männer a Frae gëtt, a wou dëst och eng wichteg Erzéiungskomponent duerstellt, virun allem duerch d'Virliewen.

Mä, Här President, eent dierfe mer an onser Fonctioun heibannen net vergiessen, an zwar, datt d'Prostitutioun zu de gesellschaftspoliteschen Theme gehéiert an domadder en Thema ass, wou mir als Politiker a Politikerinne praktesch ëmmer konfrontéiert sinn op där enger Säit mat dem Idealbild vun enger Gesellschaft - en aktuell Beispill: Mir wënschen eis jo och alleguerten heibannen eng Welt ouni Drogenofhängeger -, awer op där anerer Säit och mat enger ganz anerer Realitéit um Terrain. Eng Realitéit, déi ons och dann heiansdo obligéiert, konkret a pragmatesch Moosnamen ze huelen, déi wäit aus vill méi nuancéiert sinn.

Onst Wonschdenke vun enger schéiner Welt steet oft a Kontraktioun mat pragmateschen an noutwendegen Hëllefstellunge vun de concernéierte Menschen, an deemem Fall ebe Fraen, méttlerweil och Jugendlech, voire souguer Kanner.

Ech erlabe mir hei duerfir och, Här President, kuerz e Rappel ze maachen iwwert déi komplex Prostitutiounswelt hei zu Lëtzebuerg. Mir hunn hei zu Lëtzebuerg dräi Zorten oder dräi Ursache vu Prostitutioun. De gréissten Deel vun der Prostitutioun fënnst seng Ursachen an der Beschafungsprostitutioun. Et sinn dëst iwwer 50%. Dëst sinn och dramatesch Zuelen, déi zouhuelen a wou och d'Zuel vun de Mannerjährege Joer fir Joer zouhëlt. Et ass deen Deel vun der Prostitutioun, deen ënnert dramatesche Bedingungen schafft, wou de Mëssbrauch an d'Gewaltbereitschaft vun de Clienten net ze verkennen ass.

Ech denken, datt dës Form vu Prostitutioun als Gewalt vum Client, spréich vum Mann, un déi Prostitutéiert, spréich vu Fra, oft d'Kand kann identifiziéiert ginn. De Client profitéiert a mëssbraucht bewosst, denken ech, déi Persoun, déi sech aus der Nout eraus prostituéiert. Dës Realitéit muss mat alle Mëttele bekämpft ginn!

An éischter Stell muss de Prostituéeierte vun der Beschafungsprostitutioun gehollef ginn. Justiz, Sozialpolitik, Gesondheetspolitik, Drogenpolitik, souguer d'Anhale vun de Kannerrechter mussen zesummen agéieren.

D'Polizei ass oft no hiren eegenen Aussoen hëlleflos, wa si eng Prostituéeiert dann och mannerjähreg op der Strooss fannen. Si wëssen net, wéi se hir kënne weiderhëllefen a sinn éierlech gesot och net dofir zoustänneg, hunn awer och an deemem Kontext oft keng kloer Regeln. D'Droge sinn illegal, d'Prostitutioun ass net illegal. De Racolage ass verbueden. Mannerjähreg kënnen eigentlech net ëmmer vu verschiddene Sozialstrukture profitéieren, wéinst der jëtzegeur Législatioun.

Hei si mer wäit vum ugestriefften Zil vum schwedesche Modell ewech. Doriwwer eraus sinn ons Gesetzer och zum Deel wäit ewech vun der Realitéit um Terrain. Dës zum groussen Deel jonk Leit, déi sech um Terrain prostituéieren, fir sech hir Droge ze beschafen, missten a sinn, denken ech, och d'Population cible vun der Drogenpolitik sinn.

Hei ons Froen, Här President, an deemem Kontext un d'Madame Jacobs:

Gesäit d'Regierung den Zesammenhang tëschent Drogenpolitik a Beschafungsprostitutioun? A gëtt et eng etabliert Zesummenaarbecht an deemem Kontext tëscht de concernéierte Ministèren?

Wa Jo, gëtt et scho Konkusiounen an eventuell e ressortiwwergräifenden Aktiounsprogramm? Wéi geet d'Regierung mat dem spezifische Fall vun der mannerjähreger Populatioun, déi sech an deemem Kontext prostituéiert, ëm?

An där Etüd, déi vun deenen zwou Studentinne realiséiert ginn ass, déi net representativ ass - dat schreie se och -, mä déi awer vum Ministère an der Ministesch de l'Égalité des chances promovéiert an öffentlech virgestallt ginn ass, gëtt dese gréissten Deel vun der Prostitutiounswelt zu Lëtzebuerg net thematiséiert. D'Etüd dréit den Titel «Cartographie de la prostitution au Luxembourg». An onsen Aen en zimlech ongléckliche Choix vun Titel.

Duerfir och eis Fro un d'Madame Jacobs: Gëtt et eng Ursach, firwat de Ministère eng «Cartographie de la prostitution» publizéiert an d'Beschafungsprostitutioun, déi zur knallhaarder gesellschaftspolitescher Aktualitéit gehéiert an e wesentlechen Deel vun der Problematik duerstellt, net considéiert?

Huet d'Regierung sech Gedanke gemaach, wéi dese groussen Deel vum Milieu sech eventuell géif bewegen, géif reagéieren, wann zu Lëtzebuerg de schwedesche Modell géif agefouert ginn?

En zweeten Deel vun der Prostitutioun gëtt couvréiert duerch den Trafficking. Dat heescht op Lëtzebuergesch de Fraenhandel. Dat ass deen Deel vun der Prostitutioun, dee schwéier bleift a Statistiken ze ëmfaassen, mä et ass en net onwesentlechen Deel.

Och doriwwer, Här President, schwätzt déi schrëftlech Aarbecht vun deenen zwou Studentinne weeneg. Éischter baséiere si sech op Témoignagen an deemem Kontext. Dat gëtt ons awer keng Opschlëss a keng Informatiounen, fir politesch oder juristesche Schrëtt anzegoen.

Ech ginn zwar dovun aus, datt heibanne keen Eenzege kann esou eng Form vu Prostitutioun ënnerstëtzen. Et geet hei ganz kloer erëm ëm en Akt vu Gewalt a Mëssbrauch ausgeübt u Menschen, praktesch ausschliesslech Fraen, Fraen, déi an déiwer Nout sinn. Hei si mer ëmmer konfrontéiert mat engem organiséierte Proxénétisme.

De Fait, datt mir d'Convention de New York ratifizéiert hunn, gëtt dem Stat, der Regierung, der Gesellschaft eng kloer Linn un. De Proxénétisme ass verbueden a gëtt pénal verfollegt. An effektiv gehéiert Lëtzebuerg zu deene Länner, déi eng - ech soen et